



5. 6334 - Projet de loi portant approbation de la décision du Conseil européen du 25 mars 2011 modifiant l'article 136 du traité sur le fonctionnement de l'Union européenne en ce qui concerne un mécanisme de stabilité pour les États membres dont la monnaie est l'euro

6405 - Projet de loi portant approbation du traité instituant le mécanisme européen de stabilité, signé le 2 février 2012 à Bruxelles

6406 - Projet de loi relative

(1) à la participation de l'État au mécanisme européen de stabilité;

(2) à certaines immunités du mécanisme européen de stabilité et de la banque européenne d'investissement

et

(3) modifiant la loi modifiée du 9 juillet 2010 relative à l'octroi de la garantie de l'État dans le cadre de l'instrument européen de stabilisation de la zone euro

Rapports de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Michel Wolter** (CSV), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, a villen europäesche Parlamentar stoung an deene leschten Deeg a Wochen den neie permanenten Eurorettungsschiem zur Debatt. Virun allem bei eise däitschen Noper waren d'Diskussioun grouss a sinn och nach net eriwwer. A wann ee weess, dass alles, wat an Däitschland politesch diskutéiert gëtt, och säin Nidderschlag op Lëtzebuerg fënnt, esou wonnert et een net, dass och dës Diskussioun bei eis mat Intensitéit gefouert ginn ass.

De Mëtteg soll déi Lëtzebuerger Chamber hiren Accord ginn zur Schafung vun dësem permanenten europäesche Rettungsschiem, an der Ofkierzung ESM, an och zu eiser finanzieller Bedeelegung zu deemselwechten.

De Finanzminister huet dofir an der Chamber dräi verschidde Gesetzesprojeten déposéiert, déi ech lech elo als Rapporteur zesumme wëll presentéieren, well een dann d'Zesummenhäng tëschent deene verschiddene Projekte besser versteet. Ech hunn dofir och a menge schrëftleche Rapporten eng Partie commune fir déi dräi Projekte geschriwwen, dat am Sënn vun enger besserer Lieserlechkeet.

Ier ech op déi eenzel Projeten aginn, wollt ech kuerz eng Kéier den Historique opzeechnen an de Kader erklären, an deem mir eis hei bewegen.

Fir Stabilitéit an der Eurozon an an der ganzer Unioun ze garantéieren, hunn déi europäesch Finanzministeren an enger Sitzung vun Eurogroup am Mee 2010 decidéiert, en temporären europäesche Rettungsschiem an Héicht vu 500 Milliarden Euro op d'Been ze setzen, deen aus zwee Elementer besteet: de Mécanisme européen de stabilisation financière, ofgekierzt MESF, mat enger Capacitéit vu 60 Milliarden Euro, dee vun der Kommissioun géréiert gëtt, an de Fonds européen de stabilité financière FESF oder mat der däitscher Ofkierzung EFSF, mat enger Capacitéit vu 440 Milliarden Euro.

Beim EFSF handelt et sech ëm eng speziell Gesellschaft, mat Sëtz iwwregens zu Lëtzebuerg, déi am Mumm vun de Länner aus der Eurozon Suen op de Finanzmäert ka léine goen. Et ass deemools festgehal e ginn, dass dës Zweckgesellschaft bis zu 440 Milliarden Euro u Kreditter ophuele kann. Mir hunn duerch d'Gesetz vum 9. Juli 2010 den EFSF guttgeheescht, an de Lëtzebuerger Undeel un deem Rettungspräbbeli ass ënnert der Form vun enger Statsgarantie op 1,15 Milliarden Euro festgeluecht ginn. Rapporteur zu dësem Projet war iwwregens eise leider verstuerwene Kollege Lucien Thiel.

Fir der Vertrauenskris an Europa an den Euro entgéintzewierken an e staarkt Signal un d'Finanzwelt ze senden, ass um Europäesche Conseil vum 24. a 25. Juni 2011 decidéiert ginn, dësen europäesche Rettungspräbbeli nach eng Kéier massiv ze stäerken a vu 440 op 780 Milliarden Euro opzestocken.

Dës Opstockung huet mat sech bruecht, dass Lëtzebuerg seng Garantie no uewen huet misen upassen, nämlech vun 1,15 Milliarden op

dann zwou Milliarden Euro. Dat hu mir duerch d'Gesetz vum 22. September vum leschte Joer gemaach.

Fir de Moment hunn dräi Länner vum EFSF Gebrauch gemaach: Irland krut 22,5 Milliarden Euro zougesprach, Portugal 26 Milliarden a Griichenland 144,7 Milliarden, wat en Total vun 193,2 Milliarden Euro ausmécht.

Dës Finanzhëllef sinn integral vum EFSF finanziert a gi jee no Besoin an ënner strikte Konditiounen un déi dräi Länner verdeelt. Op den 20. Juni 2012 si vun deenen 193,2 Milliarden Euro, déi engagéiert sinn, der effektiv 151,6 un déi dräi Länner ausbezuecht ginn, an zwar 17,7 Milliarden un Irland, 26 Milliarden u Portugal an 107,9 Milliarden u Griichenland.

Wéi mer déi lescht Woch gewuer goufen, wëll och Spuenien kuerzfristeg vum EFSF Gebrauch maachen, fir seng Banken ze rekapituléieren. Den Eurogroup huet scho virun e puer Wochen eng Ligne de crédit vu ronn 100 Milliarden an Aussicht gestallt. Laut Experte bräicht Spuenien ronn 60 Milliarden Euro. An dësem Dossier ass awer nach keng Décisioun geholl ginn.

Genausou wéineg wéi am Fall vun Zypern, dat gëschter verlaude gelooss huet, dass et sech ënnert de Schiirm wëllt stellen. Wann een déi enk Verknäppung vun den zyproteschen an de griichesche Banke kennt, esou kënnt dës Ukënnegung fir gutt Informéierter net iwwerraschend, dës émsou méi, well Zypern déi lescht Méint schonns op e Prêt zrëckgegraff huet, dee vu Russland zur Verfügung gestallt ginn ass, fir iwwert d'Ronnen ze kommen.

Ech wëll an dësem Kontext drun erënneren, dass Griichenland iwwert de Wee vu bilaterale Prête schonns eng Kéier vun engem éischte Rettungsplang vun de Memberlänner Sue géleint kritt huet. Dës sougenannten „Greek loan facility“, déi mat der Aféierung vum EFSF ofgeschaaft oder besser net weider benotzt gouf, war 80 Milliarden Euro schweier, an et goufen eng 52,9 Milliarden u Griichenland iwwerwisen.

Lëtzebuerg war an dësem Rettungsplang mat 206,1 Milliounen Euro engagéiert, wouvun 139,9 Milliounen effektiv iwwerwise gi sinn. Op dës Prête krute mir bis elo en contrepartie eng 7,9 Milliounen Zësen ausbezuecht. Summa summarum belaf sech d'Engagementer fir eist Land aus EFSF a Greek loan facility op den 20. Juni 2012 op 483,4 Milliounen Euro, wouvun 378,5 Milliounen ausbezuecht goufen.

Här President, am Oktober 2010 ass op europäeschem Niveau decidéiert ginn, e permanente Krisemechanismus op d'Been ze stellen, fir d'Stabilitéit an der Eurozon an an der ganzer Unioun ze garantéieren. Dës permanenten Europäesche Stabilitéitsmechanismus ESM soll déi aktuell temporaire Rettungsschiemer ersetzen, deenen hir Lafdauer bis Enn Juni 2013 virgesinn ass.

Den ESM sollt eigentlech am Juli 2013 da seng Aarbecht ophuelen. Entre-temps, dat heescht am Dezember 2010, ass awer decidéiert ginn, dass den ESM méi fréi a Kraaft soll triede wéi dat nächst Joer, mä am Juli vun dësem Joer. Ech zitieren dofir den Auszuch aus der Déclaration finale vum Europäesche Conseil vum 8. Dezember 2011: «Nous», also de Conseil, «convenons d'accélérer l'entrée en vigueur du traité instituant le mécanisme européen de stabilité. Ce traité entrera en vigueur dès que les États membres représentant 90% des engagements en capital l'auront ratifié. Notre objectif commun est que le MES entre en vigueur en juillet 2012.»

Eng éischt Versioun vum Traité iwwert den ESM ass schonns den 11. Juli 2011 signéiert ginn. Déi prekär Situatioun vu Griichenland an d'Situatioun vu villen anere Länner, déi ëmmer méi Problemer haten an och deelweis nach ëmmer hunn, sech frësch Suen um Marché ze léinen, hu mat sech bruecht, dass den ESM entre-temps e puermol a senger Ausrichtung ofgeännert ginn ass. Fir genee ze sinn, ass dat op de Sommete vun der Eurozon vum 21. Juli a vum 9. Dezember 2011 geschitt.

Dat, wat mir also de Mëtteg am Gesetzesprojet 6405 sollen approuvéieren, ass den Traité an der Versioun, esou wéi en den 2. Februar 2012 zu Bréissel ënnerschrifft ginn ass.

Här President, léif Kolleegen, ier mir eis mat deem neie Stabilitéitsmechanismus ESM eng nei legal Basis ginn, wäerte mer eis fir d'Éischt haut de Mëtteg mam Artikel 136 vum Traité iwwert de Fonctionnement vun der Europäescher Unioun beschäftegen. Dës Émänerung war op Wonsch, oder loosse mer éischer soen, duerch den Drock aus Däitschland beschloss ginn, déi soss wahrscheinlech net gréng Luucht zum neie Krisemechanismus ginn hätten.

Fir deemno dauerhaft Rechtssécherheet ze schafen, huet den Europäesche Conseil vum 17. Dezember 2010 decidéiert, den Artikel 136 vum Traité iwwert de Fonctionnement vun der

Europäescher Unioun ze änneren. Um Conseil vum 24. a 25. März 2011 ass dës Décisioun dann och formell ugeholl ginn. Am Traité kënnt deemno en neie Paragraph 3 bei den Artikel 136 derbäi, dee folgendermoosse libelléiert ass: «Les États membres dont la monnaie est l'euro peuvent instituer un mécanisme de stabilité qui sera activé si cela est indispensable pour préserver la stabilité de la zone euro dans son ensemble. L'octroi, au titre du mécanisme, de toute assistance financière nécessaire, sera subordonné à une stricte conditionnalité.»

Mam Projet de loi 6334 soll d'Lëtzebuerger Chamber hir Zoustëmmung zu dëser Ofännerung vum Traité ginn. Ze bemerken ass, dass d'Randifizierungsprozedur fir d'Ofännerung vum virgenannten Artikel méi einfach gemaach ginn ass, well op en Asetze vun enger intergouvernementaler Konferenz am Virfeld verzicht gouf.

De Statsrot gouf gréng Luucht zu dësem Projet de loi, deen een eenzeg Artikel ëmfaasst. Hie stellt sech generell awer a sengem deelweis kriteschen Avis eng Rei vu Froen, notament iwwert d'Konklusioun vum Europäesche Rot vum 24. a 25. März 2011, wou jo offiziell den ESM arrétéiert gouf.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat ass a wéi fonctionnéiert dann elo dësen dauerhaften europäesche Krisemechanismus, deem mir da mam Projet de loi 6405 eis Zoustëmmung solle ginn? Ech probéieren, lech dat elo no beschemt Wëssen ze explizéieren.

Éischtens ass den Europäesche Stabilitéitsmechanismus eng international Finanzinstitutioun mat Sëtz zu Lëtzebuerg. E gëtt gegrennt vun de 17 Memberstaaten aus der Eurozon, déi och alleguer Member sinn. Ausserdeem kann all Land, dat an Zukunft an d'Eurozon antrëtt, Member vum ESM ginn.

D'Zilsetzung vum ESM ass et, Suen ze mobiliséieren, fir dann déi Länner aus der Eurozon ze ënnerstëtzen, déi mat grouse Finanzproblemer ze kämpfen hunn an extrem Schwieeregkeeten emfannen, sech op dem Kapitalmaart frësch Suen ze besueren. Ausserdeem soll den ESM derzou bäidroen, d'Eurozon als Ganz ze stabiliséieren.

Wéi kann den ESM engem Land hëllefen? Den Traité gesäit am Ganze fënnf Variante vu Stabiliséierungshëllef vir. Wéi schonns den EFSF kann och den ESM direkt Kredithëllefen u Länner ënner Form vu Prête ginn. Zousätzlech ass d'Méiglechkeet virgesinn, Länner iwwert de Wee vun enger Ligne de crédit preventiv ze stëtzen. Bei Bedarf kënnen dann d'Suen ofgeruff ginn, d'Länner müssen awer kee Gebrauch dovunner maachen.

Als drëtt Optioun kënne Kreditter accordéiert ginn, déi geduecht sinn, fir Banke vun engem Land ze stabiliséieren, an net seng eege Statsfinanzen. Déi zwou lescht Hëllefsméiglechkeete betreffen den Opkaf vu Statsscholdpabeieren. Esou kann den ESM direkt um Primärmaart Pabeiere kafe vun Eurolänner, déi nei Statsscholdschäiner erausginn. An dësem Kontext trëtt den ESM, wéi all Investor, als normale Keefer op an erhéicht domadder d'Nofro.

Dat Ganz huet wum Zil, dass den Taux op den Zëse soll gedréckt ginn, zu deene sech héich verschëllte Länner op dem Kapitalmaart Sue musse léinen. Zousätzlech dierf den ESM um sougenannte Sekundärmaart och bestoend Scholdpabeiere vu Länner kafen, déi un den institutionelle Finanzmäert gehandelt ginn, pardon, internationale Finanzmäert gehandelt ginn.

Am Prinzip kann all ESM-Member, an domat d'Länner aus der Eurozon, eng Ennerstëtzung ufroen. Am Traité ass awer festgehal e ginn, dass d'Hëllef nëmme da garantéiert ginn, wann, ech zitieren nach eng Kéier: «...si cela est indispensable pour préserver la stabilité financière de la zone euro dans son ensemble.» Ier d'Regierungen aus der Eurozon am sougenannten „Conseil des gouverneurs“ vum ESM doriwwer decidéieren, ob e Land Hëllefem zougesot kritt oder net, ass eng Bewäertung vun der finanzieller Situatioun vum jeeweilege Land duerch déi Europäesch Zentralbank an, wa méiglech, an Zesummenaarbecht mam internationale Währungsfond virgeschriwwen. Si préiwen, ob eng reell Gefor fir d'Finanzstabilitéit am Euroraum besteet, ob d'Statsschold vun deene Länner weider Präten a Scholde verkraaft a wéi vill Suen dës Land a Wierklechkeet brauch.

An dësem Kontext muss ee soen, dass vum 1. März 2013 un dës Spillregele méi streng ginn, dass vun do un och d'Erdeele vun enger Finanzhëllef un d'Randifizierung vum sougenannten „Fiskalpakt“ (veuillez toujours lire: „Fiskalpakt“) gebonnen ass, dee jo ënner anerem d'Aféierung vu Scholdebremse virgesäit. Nëmme déi Länner, déi de Fiskalpakt bis dohi ratifizéiert hunn, kënnen dann nach op d'Hëllef vum ESM hoffen. Griichenland, Portugal, Slowenien an Irland hu bis haut de Fiskalpakt ra-

tifizéiert. Mir zu Lëtzebuerg hunn dësen Exercice nach virun eis.

Déi Finanzsprëtze vum ESM gëtt et selbstverständlech net zum Nulltarif. Wien ëm eng Ennerstëtzung vum ESM freet, muss dofir och eng Gégeleeschtung erbréngen. Virun allem direkt Hëllef wéi Prête sinn an der Regel u Fuerderungen no Strukturereformen a Spuerprogrammen an de Länner geknäppt. Wéi eng Schrëtt a Mesuren e Land muss huelen, gëtt individuell an detailléiert an engem sougenannten „memorandum of understanding“ festgehalen, deen déi zwou Parteie mateneen aushandelen.

Här President, léif Kolleegen, wéi elo grad schonns kuerz ugeschnidden, ass et net d'Direktioun vum ESM, déi decidéiere kann, ob ee Land éligibel fir d'Finanzhëllefem ass oder net, mä et ass de Conseil des gouverneurs, deen dës Entscheidung treëft. An dësem Conseil ass all Land normalerweis mat sengem Finanzminister vertrueden. D'Entscheidunggen an dësem Gremium müssen an der Regel eestëmmeg ausfallen. Wann awer eng Urgence besteet, da geet och d'Majoritéit vu 85% vun de Stëmmen duer. Wat d'Stëmmeverdeelung pro Land ugeet, ass net de Prinzip „ee Land, eng Stëmm“, deen zielt, mä d'Stëmmgewichtung gëtt no der Participatioun am Kapital vum ESM ausgerichtet.

Dat bréngt mech zur Fro, wéi vill Suen dem ESM dann elo zur Verfügung stinn. Den ESM soll e Stammkapital vu 700 Milliarden Euro kréien. 80 Milliarde vun dëse 700 Milliarde fléisse fir d'Bildung vun engem Kapitalstock. Si gi vun de Membere vum ESM a fënnf Tranché bis d'Joer 2014 abezuecht. Déi aner 620 Milliarde gëllen als ofruffbart Kapital. Et ass dat eng Aart stëll Reserv, op déi am Bedarfsfall kann zrëckgegraff ginn. Dës Stammkapital vu 700 Milliarden erlaabt et dem ESM, Kredithëllefem an enger Héicht vu bis zu 500 Milliarden Euro ze gewähren.

Fir d'Hëllefsmoosname vu krisegeplote Länner ze finanzéieren, wäert den ESM an éischter Linn selwer op de Finanzmäert Sue léine goen. D'Stammkapital vu 700 Milliarden Euro dëngt der Ofsecherung vun deene Finanzgeschäfter a soll derzou bäidroen, dass den ESM déi gënschtegste Konditiounen kritt, fir Sue kënnen ze léinen, a vun de Ratingagenturen den Triple-A zougesprach kritt. Ob dat effektiv wäert esou sinn, wäert d'Zukunft weisen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dass den ESM selwer Kapital besëtzt, ass den zentralen Ennerscheid zum EFSF, dee momentan en vigueur ass. Den EFSF kann nëmme op Garantie vun den Eurostaten zrëckgräifen, wann en op de Kapitalmäert Sue léint. Hie kritt awer kee Kapital vun de Memberlänner fir seng Aarbecht.

Wéi vill all Land an den ESM abezuele muss, häng vum Undeel of, deen dat Land am Kapital vun der Europäescher Zentralbank huet. Normalerweis ass eist Land mat 0,2497% um Kapital vun der EZB bedeelegt. Well awer an dësem spezielle Kader Rücksicht op nei Eurolänner - Estland, Slowakei, Slowenien, Malta an Zypern - geholl gouf, bedeelegt sech Lëtzebuerg mat 0,2504% um Kapital. Dat bedeit an Zuelen, dass sech eis Gesamtkontributioun am Kapital op déi dach beträchtlech Zomm vun 1,7528 Milliarden Euro beleeft.

Déi Lëtzebuerger Participatioun setzt sech aus zwee Deeler zesummen. Eppes Klenges iwwer 200 Milliounen müssen elo abezuecht ginn, fir de Kapitalstock vun 80 Milliarden Euro ze bilden. Dat geschitt net an enger Kéier, mä a fënnf Tranchen zu je eppes Klenges iwwer 40 Milliounen Euro, woubäi déi éischt zwou Tranchen am Juli an am Oktober 2012 fälleg ginn. Zwou weider Tranché ginn am Joer 2013 abezuecht, an déi lescht soll dann am Laf vum Joer 2014 abezuecht ginn.

Dës Informatiounen hu mir de leschten Dënschdeg an der Finanzkommissioun vum zoustännegen Minister krut an droen domat och enger Kritik vum Statsrot Rechnung, dee sech d'Fro gestallt hat, wéini onst Land wéi vill misst an den ESM abezuelen.

Nieft dësen 200 Milliounen stelle mir dem ESM dann och nach en ofruffbart Kapital an der Héicht vun e bësse méi wéi 1,5 Milliarden Euro zur Verfügung.

Déi Lëtzebuerger Participatioun um ESM, där mir mam Projet de loi 6406 eis Zoustëmmung solle ginn, gëtt iwwert de Statsbudget finanziert. Dës Dépense huet eng Inzidenz op d'Resultat vum Compte général, mä keen Impakt op eis öffentlech Schold an der Maastricht-Optik, well et sech ëm eng Finanztransaktioun handelt, déi eng reell Contrepartie gënéiert. Laut Maastricht-Kritären ass d'Participatioun um ESM als neutral unzegesinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt nach kuerz op d'Relatioun tëschent dem EFSF an dem ESM an déi kombinéiert Ausléincapacitéit agoen. Et ass jo decidéiert ginn, den



ESM ee Joer méi fréi un d'Lafen ze brénge wéi ursprénglech geplangt. Dat bréngt mat sech, dass während engem Joer déi zwee Rettungsschiermer parallel lafen. Laut ESM-Vertrag däréif déi kombinéiert Ausléincapacitéit vun deenen zwee Rettungsschiermer d'Zomm vu 500 Milliarden net iwwersteigen. Zil ass et op där anerer Säit awer och, dës Zomm an all Moment zur Verfügung ze hunn.

Beim Europäesche Conseil vum 30. März 2012 zu Kopenhagen ass dofir decidéiert ginn, dass den EFSF seng Mëttelen, déi scho verplangt sinn, no Enn Juni 2013 zum ESM-Volume derbäigerechent ginn. Heibäi handelt et sech ëm déi 193,2 Milliarden, déi fir den zweete Griichenland-Pak souwéi fir Irland a Portugal virgesi sinn.

Theoretisch ergëtt sech aus dëser Kombinatioun e Gesamtvolume, dee kann ausgeléint ginn, vu bal 700 Milliarden Euro, deen dann awer erëm op 500 Milliarden Euro zrëckgeféiert gëtt, wann déi dräi Länner hir Hëllef bezuelt hunn. Souwisou iwwersteigt laut mengen Informatiounen a Wierklechkeet déi verfügbar Zomm 500 Milliarden Euro net, well den ESM a sengem éischte Joer nëmmen ee Kreditvolume vun 200 Milliarde soll hunn. Fir d'Eurozon an engem Noutfall awer handlungsfäeg ze halen, solle fir ee Joer déi net genotzte Mëttelen aus dem EFSF vu ronn 240 Milliarden Euro als Reserven zur Verfügung stoen.

Allerdéngs, an dat muss ee wëssen, de Mëtteg beleeft sech den theoretisch maximalen Engagement vun eise Land an de Rettungsschiermer ESM an EFSF op déi impressionnant Zomm vun 3,7528 Milliarden Euro, also 3.752,8 Milliounen. Et ass ze hoffen, dass dës Suen an der Realitéit net ofgeruff wäerte ginn!

Här President, am Kader vum Projet de loi 6406, deen d'Participatioun um Kapital vum ESM regelt, huet d'Regierung de 14. Mee eng Rei vun Amendementer agereecht, déi den Objet vum Gesetz erweideren an déi de Statsrot an engem Avis complémentaire aviséiert huet. Zu dësen Amendementer huet déi héich Kierperschaft eng Rei vu Remarquë gemaach.

Zum éischten Amendement vun der Regierung iwwert den neien Artikel 2 mengt de Statsrot, dass de Privileg, och nach „immunité de juridiction“ genannt, deen den Europäesche Stabilitéitsmechanismus duerch deen Amendement soll kréien, schonns duerch den Traité iwwert den ESM ofgedeckt ass. Dësen Traité gëtt jo duerch de Gesetzesvorschlag 6405 approuvéiert.

D'Europäesch Investitiounsbank, déi am Amendement ernimmt ass, ass dem Statsrot no net implizéiert, well si souwisou scho vun engem ähnleche Schutz profitéiert wéi deen, dee mir elo dem ESM duerch Ratifikatioun vu sengem Traité accordéieren. Dësen Amendement ass dem Statsrot no dofir iwwerflësseg.

An der Finanz- a Budgetskommissioun ware mir awer, am Contraire zur Meinung vum Statsrot, zur Konkursioun komm, dass mer den Amendement bäibehale sollen, well mer et als wichteg ugesinn, dass d'Dispositiounen aus dem Traité vum ESM nach eng kéier op dëser Plaz confirméiert ginn, wéi och d'Immunitéit vun der Europäescher Investitiounsbank.

Den zweeten Amendement gesäit en neien Artikel 3 vir, fir d'Gidder vun der European Financial Stability Facility respektiv hir Obligatiounen vis-à-vis vun de Staaten zousätzlech ze schützen, andeems dës Elementer all net saisierbar deklaréiert ginn an och net därer blockéiert oder séquestréiert ginn.

De Statsrot weist a sengem Avis fir d'Éischt emol drop hin, dass een Obligatiounen net ka saiséieren, mä nëmmen Créancen. An enger zweeter Phas befaasst sech de Statsrot mam Gläichheetsprinzip, wéi en am Artikel 10bis Paragraph 1 vun eiser Verfassung festgeschriwwen ass. Hie stellt dëse Prinzip der Immunisation vum EFSF géintwuer, déi generell ass an a sengen Aen ze wäit geet.

E monéiert weider, dass d'Immunisation laut Text vum Amendement zu enger Onverletzbarkeet vun dësem EFSF féiert, déi eis Verfassung am Artikel 4 nëmmen zugonschte vum Groussherzog virgesäit. Dofir kann de Statsrot dësen zweeten Amendement vun der Regierung net akzeptéieren an huet och eng formell Oppositioun ausgesprach.

De Statsrot verdéift da seng Iwwerleeungen am Kader vum drëtten Amendement, dee virgesäit, esou eng Immunitéit net nëmme fir de Schierm, mä och fir seng Organer, seng Ugestallten a seng Aarbechter anzeféieren. De Statsrot stellt fest, dass, souguer wa verschidden international Organismen eng relativ wäitreechend geriichtlech Immunitéit genéissen, déi net absolut ka sinn, si awer konform zu aneren internationalen Engagementen vu Lëtzebuerg si muss.

De Statsrot stellt awer och fest, dass am Géigesaz zu internationalen Organismen den EFSF

eng Lëtzebuerger Gesellschaft ass. Dës Situation werft d'Fro no der Konformitéit vun dësem Regime zu internationalen Texten an zur Verfassung op, notament zum virgenannten Artikel 10bis. De Statsrot ass net iwwerzeegt, dass d'Motiver, déi dëser Ofännerung zugrund leien, d'Verfassungsgericht zefriddestellen, a souwisou wier déi Immunitéit nëmmen op Lëtzebuerg gemënt.

Och wann d'Aktionären, dat heescht d'Länner par définition eng solch Immunitéit genéissen, misst ee sech d'Fro stellen, ob dës duergeet, fir och sengen Organer, Ugestallten an Aarbechter déi zeguttkommen ze loosse. Déi échappéieren nämlech all Injonctioun vun öffentliche Autoritéiten an och de Prozesser virun engem Zivilgericht. Nëmme den EFSF selwer kann decidéieren, déi Immunitéit opzehiewen.

Op Basis vun dëse Considératiounen an obwuel d'Aktionariat vum EFSF d'Etat sinn, ass de Statsrot der Meinung, dass eng Dérogatioun vum Gläichheetsprinzip net de Bedéngunge vun de Verfassungsrichter gerecht gëtt. E freet sech weider, wat d'Plus-value vun dësem Amendement par rapport zu deem zweete wier, deen a sengen Ae méi effikass um internationale Plang ass.

Schlussendlech proposéiert de Statsrot dann, en neien zweete Paragraph an den Artikel 3 vum Gesetz vum 2. Juli 2010 (veuillez lire: 9. Juli 2010) anzubauen, an deem dem Statsrot no de Bedéngunge vun de Verfassungsrichter Rechnung gedroe wier.

An der Finanz- a Budgetskommissioun konnte mer no Diskussioun mat der Regierung eis den Erklärungen an den Argumenter vum Statsrot uschleissen an mir hunn decidéiert, dem Statsrot seng Textpropositioun an den Text vum Gesetz ze iwwerhuelen.

Wat d'Amendementer 4 a 5 ubelaangt, déi eng Emännerung vum Intitulé vum Gesetz virgesinn, hat de Statsrot keng Observatiounen ze maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat Asetze vum ESM riichte mer an Europa eng Aart Brandschutzmauer op, mat där gehofft gëtt, d'Vetraue vun den Investisseuren zrëckzegewannen an d'Situatioun op de Finanzmäert an an der Eurozon ze berouegen. Zudeem soll duerch déi héich Moyenen, déi dem ESM zur Verfügung gestallt ginn, d'Gefor méi kleng ginn, dass d'Finanzierungsproblemer vun héich verschëllte Länner wéi zum Beispill Griichenland op aner Länner iwwergräifen.

An der Finanzkommissioun war eng grouss Majoritéit der Meinung, dass et keng reell Alternativ fir eist Land gëtt, fir kuerz- a mëttelfristeg aus där déifster Finanz- a Wirtschaftskris aus deene leschte Joren erauszekommen, wéi an der europäescher Solidaritéit matzemaachen. Sou ass dann och de virleiende Rapport an der Finanzkommissioun mat de Stëmmen vun alle Parteien ausser der ADR ugehall ginn.

Ech gi jiddefalls am Numm vun der CSV-Fraktioun den Accord zu deenen dräi Gesetzesprojeten a soen lech Merci fir Aert interesséiert Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Rapporteur. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Claude Meisch agedroen. Här Meisch, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Claude Meisch (DP).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'Alleréisch dem Michel Wolter, Rapporteur vun deenen dräi Projet-de-loien, Merci soe fir seng ganz detailléiert Explikatiounen an där jo net ganz einfacher Matière. Dat erspuert et mir, nach eng kéier ganz prezis op deen dote Contenu anzegoen. Ech hunn awer nach selbstverständlech eng Rei vu méi politesche Considératiounen hei ze maachen.

Mat der Aféierung vum Europäesche Stabilitéitsmechanismus maache mer e weidere Schrëtt, fir der aktueller Scholdekrise innerhalb vun den Eurolänner ze begéinen. Mir mussen awer wëssen, dass, währenddem mer hei am Parlament diskutéieren an deemnächst wäerten ofstëmmen, op anere Plazen an an der europäescher Décisiounsmachinerie schonn eng ganz Rei vun anere Modeller diskutéiert ginn. Sou datt do, mengen ech, och d'Gefill opkomm ass, datt dat, wat mer hei maachen, net déi lescht Äntwert wäert sinn, fir der Scholdekrise an Europa kënnen entgéintzewierken.

Et gëtt do geschwat vun enger weiderer Mutualisation vun der Schold iwwert de Wee vun där enger oder anerer Zort vun Euro-Bonds. Et gëtt vun engem Konjunkturpak geschwat an der Héicht vun 130 Milliarden. Et gëtt driwwer nogeduecht, ob net weider d'Europäesch Zentralbank awer misst mandatéiert ginn, fir Scholdtitelen opzekafen. Et gëtt driwwer nogeduecht, ob net den Europäesche Stabilitéitsme-

chanismus, dee mer jo hei decidéieren, eng Banklizenz misst kréien, fir eben och méi staark direkt op dem Marché kënnen anzegraifen.

An elo de Mëtteg, kuerz éier eis Sitzung ugefaangen huet, huet d'„Handelsblatt“ gemellt, datt et e Pabeier géif ginn um europäesche Plang, fir effektiv e grouse Schratt nach méi wäit ze goen, wann et drëms geet, der Scholdekrise entgéintzewierken, wou et angeblech zu radikalen Agrëffer och soll op déi national Budgete kënnen komme vun der europäescher Säit aus, an op där anerer Säit et zu enger méi staarker koordinierter Bankenopsicht soll kommen.

Sécher schéngt et duerfir menger Meinung no ze sinn, datt mer mat der Schafung vum ESM hei net déi lescht Etapp um Wee aus der Scholdekrise maachen, mä datt et just eng Tëschenetapp ka sinn. Den Europäesche Stabilitéitsmechanismus ass dann och noutwendeg ginn, well de Rettungsschierm virdrun, den EFSF, huet misse méi schnell opgestockt gi wéi dat geduecht war. A well dee souwisou jo eng kéier sollt auslafen, ass dru geduecht ginn, en dauerhafte Mechanismus hei anzusetzen. Dat ass du schliesslech méi schnell geschitt, wéi et am Ufank envisagéiert war, dat och erëm eng kéier ënnert der Pressioun vun der Realitéit, ënnert der Pressioun och vun de Marchéen.

Da sollt den ESM an deenen éischte Virstellungen jo och während fënnef Joer gespeist ginn. Och dat gëtt elo méi schnell gemaach. Elo gi mer do vun 2,5 Joer aus. Europa handelt zwar, gesäit een, mä Europa reagiert awer virun allem ëmmer erëm just aus der Nout eraus. A bis ewell hu mer et an Europa net fäerdegbruecht, fir kloer ze agéieren an déi Problemer do och ze anticipéieren.

Fir d'Éischt hate mer eng bilateral Hëllef, dann hate mer en temporairé Rettungsschierm, dann ass den ESM méi schnell komm wéi geduecht. Am Ufank ass vun engem Volume vu 500 Milliarde geschwat ginn. Deen ass awer elo op 700 Milliarden eropgesat ginn, fir effektiv kënnen mat 500 Milliarden dann och ze traitéieren a gläichzäiteg den Triple-A kënnen ze behalen.

Mat vill Méi gëtt déi Struktur elo do an enger ganzer Rei vu Länner ëmgesat. Mä haut wësse mer, wéi gesot, datt dat doten net wäert duergoen an datt mer op d'mannst nach eng kéier, an ech fäerten, nach méi wéi eng kéier, hei-riwwer mussen diskutéieren an och nach eng Schëpp noleeën.

D'Fro, déi ee sech hei stelle muss: Gëtt et am Endeffekt net méi deier, wa mer weider op där doter Schinn bleiwen, fir dat ze maachen, wat grad noutwendeg ass, och vläicht just dat ze maachen, wou een da grad eng Majoritéit innerhalb vun den Eurolänner fënnt, amplatz ee fir alle Mol de Problem och bei der Wuerzel kënnen ze paken?

Sécher ass gradesou, datt eng ganz Rei vu Fehler gemaach gi sinn, net geschter, net virgëschter, mä viru laange Joren zum Deel gemaach gi sinn, déi eis an dës Situatioun eragefouert hunn. Jo, et gouf gefuddelt, fir an den Euro eranzekommen. Et ass net probéiert ginn, mat där Zäit vun den niddregen Zësen an enger ganzer Rei vu südeuropäesche Länner ze kucken, jo, d'Konsolidierungspolitik kënnen ze maachen, mä et ass probéiert ginn, do dann erëm eng kéier eng Dépensépolitik kënnen ze maachen.

Eng ganz Rei vu strukturelle Reformen an deene Länner - mä mir sollen net nëmmen op déi kucken an iwwert déi eis opreegen hei -, sinn net ëmgesat ginn. Mir hunn et haut nach ëmmer virun allem och a Südeuropa mat enger mangelnder Kompetitivitéit ze dinne, sou datt mer doduerjer och déi Spannung innerhalb vun engem eenzege Währungsraum awer hunn, wat eigentlech dann och eng normal Konsequenz dovunner ass.

D'Schwächt vun Europa an d'Schwächt vum Euro ass dann och gläichzäiteg déi vun hirer Gouvernance. Et gesäit een, datt eigentlech wéineg Instanzen do sinn, déi schnell kënnen decidéieren. Mir hunn eng, dat ass d'Europäesch Zentralbank. Déi huet dat zum Deel gemaach an der Vergaangenheet, konnt doduerjer och d'Marchéen eigentlech berouegen, well se onofhängeg ass, well se och net weisungsgebonden ass.

Allerdéngs war et net onbedéngt hir Missioun, fir um Marché secondaire ze intervenéieren. A mir hunn och schonn hei dorobber higewisen, datt et do awer zu engem gewëssenen Demokratiedefizit komm ass, well déi Décisiounen do jo net vun den nationale Parlamenten ofgeseent waren an eigentlech och der EZB net tel quel als Missioun mat op de Wee gi sinn.

Dann, wa mer deen Demokratiedefizit do wëllen net widderhuelen, dann ass et natierlech esou - an dat mécht zum Deel d'Komplexitéit hei vun dëser Matière a vun der ganzer Problematik aus -, datt all Nationalparlament muss

säin Accord zu deenen eenzelne Schrëtt do ginn. A mir héiere jo awer och ëmmer erëm, datt et awer eng ganz Rei vun nationalen Egoismen hei leider nach ëmmer gëtt.

D'Demokratesch Partei dréit den Europäesche Stabilitéitsmechanismus hei mat, och wa mer net der Meinung sinn, datt et elo déi beschte Léisung ass an och wa mer eben der Meinung sinn, datt et net déi leschte Léisung ass an datt mer hei sécherlech nach eng kéier oder méi wéi eng kéier hei-riwwer mussen schwätzen.

Och si mer der Meinung, datt et eis eppes wäert kaschten. Et kascht eis elo eng Initialdotatioun vu ronn 200 Milliounen Euro. Mir kommen do an eng dauerhaft Struktur eran a mir wäerten net mengen, datt mer dat Geld do muer oder iergendwann eng kéier - wann iwwerhaapt, da sécher net esou schnell - erëmkréien. Et ka bis zu engem Opstocken insgesamt vum Volume komme bis 1,7 Milliarden Euro. Wann also alles schifgeet, da wësse mer och, wat mer do nach mussen noliwweren.

De Rapporteur huet virdrun och nach eng kéier - an dat war och a sengem schrëftleche Rapport, mengen ech, ganz flott opgeléicht -, nach eng kéier gesot, wat de gesamten Engagement ass, dee mer an all deenen doten Dosiere fir den Euro ze stabiliséieren, bis ewell agaange sinn: Do leie mer iwwer dräi Milliarden Euro bis ewell, dat heescht awer e Véirel vun eise nationaler Budget. Wann et wierklech géif schifgoen, wär dat de Montant, dee Lëtzebuerg, deen d'Steierzueler och hei am Land missten op den Dësch leeën, well mer eis dozou engagéiert hunn.

Mir hunn also e fundamentalen Interessi, datt d'Situatioun sech mëttel- a laangfristeg stabiliséiert, well soss gëtt et eis effektiv ganz, ganz deier. Wéi kann d'Situatioun sech stabiliséieren? Eigentlech och nëmmen, andeems d'Vetrauen zrëckkëinnt, d'Vetraue vun de Mënschen an Europa an hir gemeinsam Währung, d'Vetraue vun den Investisseuren, d'Vetrauen awer och an nei wirtschaftlech Perspektive fir ganz besonnesch déi betrafte Länner.

Wa mer näischt maachen an näischt gemaach hätte bis ewell, dann ass et sécherlech net esou, wéi wann dat eis näischt kascht hätt. Ech mengen éischter, datt et dann nach vill, vill méi deier gi wär. A wann et Alternative gëtt zu där Politik, déi haut gemaach ginn ass, an där Alternative gi jo och diskutéiert um europäesche Plang an zum Deel och hei am Land, an den eenzelne politesche Gruppéierungen och, da mengen ech och kënnen ze soen, datt déi och net zum Nulltarif wäeren.

Hei ass eng grouss Solidaritéit gefrot, hei ass och den Apport vun deene gefrot, déi sech momentan eben nach an Europa kënnen leeschten, fir den Euro insgesamt kënnen ze stabiliséieren, an dat ass och bénéfique fir déi Länner, déi haut eppes mussen ginn, an net nëmme fir déi Länner, déi eppes mussen kréien.

Den Europäesche Stabilitéitsmechanismus ass dann eng Chance fir, jo, datt virun allem d'Finanzwelt net komplett zesummebrécht, wat einfach horrend Konsequenzen hätt fir d'Bankewelt direkt, fir Dausenden an Awerdausende vun Aarbechtsplaze queesch uechter Europa, also och fir d'Mënschen heiheim an anere Länner. A sécherlech géif dat sech jo och net nëmmen op Europa beschränken, mä géif seng Konsequenze wäit dorivwer eraus droen.

Mir mussen also weider sichen no deene richteg Léisungen. Fir eis gëtt et do eigentlech och keen direkten Tabu. Dir wësst, mir hunn dat hei scho virun engem Joer eng kéier gesot, datt mer eis och mat der Iddi vun engem Euro-Bonds-System kéinten ufrënnen, datt dat eis net erschreckt hätt.

Och déi europäesch Liberal ginn an déi dote Richtung an hunn eigentlech dee Modell vum däitsche Sachverständigenrat iwwerholl, fir ze soe: Kommt, mir maachen eng Vergemeinschaftung, eng Mutualisierung vun der Schold, déi iwwert d'Limite vun deene 60% vum PIB erausgeet, mat natierlech enger Contrepartie, fir dann awer mëglecht schnell déi Schold kënnen do ofzebauen a sech Spuer a Reformziler ze definéieren an och contrainant kënnen duerchzesetzen. Eng Iddi, mengen ech, déi derwäert wär, och nach eng kéier um europäesche Plang diskutéiert ze ginn.

Hei géifen déi wirtschaftlech méi staark Länner e bësse méi bezuelen, si stäipen awer doduerch och, mengen ech, am Nachhinein hir eegen Exportwirtschaft. An déi wirtschaftlech méi schwach Länner kriterien awer d'Chance, aus deem Däiwelskrees vu Spuerprogrammer, vun enger neier Rezessioun, déi doduerjer induzéiert



Ech fäerten allerdéngs, dass ëmmer dat Noreechen do no an no, dat Nobesseren och net dat beschte Signal no bausse ass. Mä jiddwereen ass sech bewosst, dass natierlech och mussen zu 17 jo eng ganz Rëtsch vu Kompromësser gemaach ginn.

Schwaachstell vun deem Ganzen, dat hunn och d'Debatten an anere Parlamenten gewisen, dat ass also och keng Spezifisitéit vläicht vun eiser Debatt haut de Mëtteg, dat ass natierlech d'parlamentaresch Kontroll vun deem Ganzen. An dat seet: D'parlamentaresch Kontroll ass natierlech och d'demokratesch Kontroll am Kader vun enger parlamentarescher Demokratie. Déi ass net virgesinn an den Texter.

Dat hei ass en Text, deen eigentlech d'Exekutive stäerkt, dee wéineg Rücksicht hält op d'Urkompetenzen eigentlech vun den nationale Parlamenten, wat d'Budgetsfroen ugeet, deen och d'Europaparlament - mir hunn et jo eigentlech net mat enger kommunautärer Institution ze dinn - och logescherweis an deem heite Fall erausléisst. Mä dat soll eis net dovunner ofhalen, och wa mer keen „Bundesverfassungsgericht“ zu eiser Verfügung hunn, fir vläicht e bëssen nozehëllefen. Et soll eis als Nationalparlament net dovunner ofhalen, fir eis Responsabilitéiten ze huelen an eist Matsproocherecht geltend ze maachen, wat mer ouni Zweifel als Lëtzeburger Chamber an all deenen dote Froen hunn!

Ech muss soen, dass och de Finanzminister bis elo ëmmer an alle Sitzunge confirméiert huet, dass d'Regierung gewëllt ass, d'Chamber am Virfeld viru wichtige Dëschionen, virun neien Engagementer, déi geholl ginn, net nëmmen ex post ze informéieren, mä ze konsultéieren. Dat muss, mengen ech, eng Selbstverständlechkeet sinn. An duerfir hu mer och ganz vill Sympathie fir déi eng oder déi aner Iddi, déi am Virfeld och vun anere Fraktiounen zu där doten Iddi geäussert ginn ass. Et muss, mengen ech, kloer sinn; dat ass, mengen ech, fir d'Regierung eng Selbstverständlechkeet.

Nach ass et gutt, dat eng Kéier och hei festzeurren, dass d'Chamber, sief et als Plenum, sief et - dat hânt dovunner of - an der Finanz- a Budgetkommission am Virfeld och matzäiten informéiert gëtt, ier wichtig Dëschionen notament um Niveau och vun dem Conseil vun de Gouverneuren falen, well déi doten Dëschionne praktesch direkt wierksam ginn an en immensen Engagement bedeuten. An ech mengen, d'Regierung selwer huet all Intérêt, fir hir Responsabilitéit ze deelen och mam Parlament an esou ganz quokelege Froen.

Ech mengen, et ass also immens wichtig, dass mer do och eis selwer d'Mëttele ginn an eise Fonctionnement, fir dass mer à même sinn, déi doten Entwécklung ze suivéieren. Dat schéngt eng Viraussetzung ze sinn, fir dass mer iwwerhaupt als nationaalt Parlament kënnen eisen Aufgabe gerecht ginn.

Deen Engagement vu Lëtzebuerg elo direkt ass héich. En ergëtt sech aus eiser Wirtschaftsstärkt, well u sech gëtt eis Part un der Charge festgeleucht iwwer eise PIB, deen erëm als Base gegollet huet fir d'Festleeung vun eise Undeel an der Europäescher Zentralbank. An dat bréngt mat sech, dass also déi Engagementer, déi mer hei huelen, zwar prozentual - mir vergiesse jo heiansdo, wéi kleng dass mer sinn an deem groussen Europa -, prozentual nach relativ bescheiden 0,25 Prozent ausmaachen. Mä dat sinn awer schonn Zommen, déi sech weise loosse.

An et ass jo och schonn am Rapport daitlech gemaach ginn: Et ass wierklech en theoreteschen Total vun eisen Engagementer. Et ass en theoretesche maximalen Total. Dat wäert erëm changéieren elo am Laf wahrscheinlech vum nächste Joer. Deemo wéi déi Weiderféierung gemaach gëtt vum ale System an deen neie System läit dee fir Lëtzebuerg, autoriséiert vun der Chamber, bei insgesamt - wann deen heiten Text gestëmmt gëtt - 3,75 Milliarden Euro. An och an deem Budget wäerte schonn zweemol 40 Milliounen Euro mussen ausbezuellet ginn, wat eis éischt Partë sinn an dem Kapital vun deem neie Rettungsschirm.

Déi doten Engagementer komme bei eng Rei vun aneren Engagementer, déi Lëtzebuerg geholl huet op internationalem Plang, ob dat elo beim Internationale Währungsfond de Fall ass, ob dat bei gewësse Bankegarantien de Fall ass, bei der Neiverscheldung, déi mer hu misse weinst der Finanz- a Wirtschaftskris hei zu Lëtzebuerg ophuelen. Dat huet derzou gefouert, dass sech also och d'Scholdesituatioun an de Risiko fir Lëtzebuerg, de Finanzrisiko vu Lëtzebuerg an deene leschten dräi, véier Joer op eng dramatesch Aart a Weis verännert hunn. Dat muss ee sech virun Ae féieren.

An et muss ee sech och virun Ae féieren, dass mer et hei wierklech net mat enger Null-Risiko-Operatioun ze dinn hunn. Hei besteet dee reelle Risiko - fir d'Griichen ass de Risiko vläicht nach méi no elo wéi fir déi aner Länner -, de

reelle Risiko, dass mer en Deel vun deene Suen, déi mer hei zur Verfügung stellen, sief et iwwer Garantien, sief et als Kapital, vläicht emol net kéinten zrëckbezuellet kréien, wa sech déi Kris weider wäert verschäerfen an deenen nächste Wochen, an deenen nächste Méint. Dat muss ee ganz einfach wëssen, an duerfir ass et wichtig, dass mer déi Debatt och mat deem néidege Seriö hei an der Chamber féieren.

E bësse bedauern ech, dass - et weess jo keen, wat elo effektiv zu Bréissel op deem Conseil do geschitt - awer am Virfeld, wann een d'international Press liest, eng ganz Rëtsch vun Iddiën do ruechter ze zirkuléieren schéngen - nëmmen d'Regierung weess, ob dat esou stëmmt, wéi dat an den internationale Medië steet -, mä Iddien, déi eigentlech bis elo hei a kengem Mooss an a kenger Kommission diskutéiert ginn. Ech hoffe just, ech hoffen eent, Här Minister, dass mer net op eemol de Weekend mussen héieren, dass déi Iddien elo zrëckbehale gi sinn an dass d'Chamber dann ex post matgedeelt kritt, wat vläicht scho länger Zäit an der Diskussioun ass.

Op jidde Fall géif ech vläicht am Numm vun eiser Fraktioun och hei eng Suggestioun maachen: Den nächsten Dëschdeg ass jo virgesinn, dass hei soll eng Chambersitzung sinn. Ech mengen, et wär gutt, et wär nützlich an et wär bal normal, wann d'Regierung och géif profitéieren vun där nächster Sitzungswoch vun der Chamber, fir eng Deklaratioun hei ze maachen iwwer déi Debatten, déi Dëschionen, déi um Europäesche Conseil da geholl gi sinn.

Dat schéngt mer eppes ganz Normale ze sinn, wéi et och normal wär, wa wichtig Dëschionen ustinn, dass och am Virfeld géif an iergendenger Form eng Consultatioun, eng Informatioun vun der Chamber stattfannen. Well wéi sollen d'Bierger dobausse sech zurechtfinden, wa se andauernd dach awer iwwerrascht gi vun enger Dëschion op déi aner op europäeschem Plang? Dat ass déi grouss Suerg, déi mer all zesammen, mengen ech, mussen hunn: Wéi bréinge mer et fäerdeg an deem Europa vun de Statsdefiziter a vun de Statsdefizitkrisen, den demokrateschen Defizit net op eng geféierlech Aart a Weis oplafen ze loosse? Dat ass, mengen ech, déi grouss Erausforderung, déi mer hunn!

Wann een héiert, wéi Europa ëmmer méi wäit zesummeërckelt, ëmmer méi Dëschionne sollen zum Deel ausgelagert ginn national op den europäeschen Niveau, dat ass eigentlech net onbedéngt dat, iwwer dat d'Lëtzeburger och an engem Referendum ofgestëmmt hunn. Et ass also wichtig, dass mer och als Parlament wéi d'Regierung eis Mëttel a Weeër ginn, wéi mer déi öffentlech, déi offen, déi demokratesch Debatt, déi mer brauchen iwwer Europa, déi Explikatiounen, déi musse gefouert ginn, och dat, déi Risikobeschreibung, déi muss gemaach ginn, eventuell och d'Opportunitéiten, déi sech aus där neier Entwécklung do erginn, dass mer dat an eng öffentlech Diskussioun erakréien, soss, mengen ech, lafe mer eng Kéier mam Kapp widdert d'Mauer!

Duerfir ass et, mengen ech, gutt, dass mer vläicht fir déi Debatt hei - anerer wäerten nokommen, et ass scho gesot ginn, dass mer nach wahrscheinlech dann am Hierscht och iwwer de sougenannte Fiskalpakt wäerten hei ze diskutéieren kréien -, da musse mer, mengen ech, prett sinn, fir déi doten Diskussiounen ze féieren a wëssen, wéi mer och als Parlament no bausse eigentlech mat de Bierger déi Diskussioun kënnen ulafe loosse, well soss gëtt et ganz, ganz schwéier, eng Majoritéit vun de Leit vun der Richtegkeet vun de politeschen Dëschionen iwwerzeegt ze kréien.

Voilà, ech mengen, dat war déi Explikatioun, déi ech wollt ginn am Numm vun der sozialistescher Fraktioun. Et ass just, mengen ech, zum Schluss ze hoffen, dass deesen europäesche Rettungsfond mat sengen enorme finanziellen Engagementer vun den Eurolänner, awer besonnesch och vu Lëtzebuerg, kann hëllefen, erëm Vertrauen ze schafen, well dorëms geet et am Endeffekt! Et geet drëms, fir Vertrauen ze schafen, Vertraue fir d'Investisseuren, Vertrauen tëschent den eenzelnen europäesche Länner, Vertrauen awer och vun Europa a sech selwer!

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Bodry. Als nächste Riedner ass den Här François Bausch agedroen. Här Bausch, Dir hutt d'Wuert.

► **M. François Bausch** (déi gréng). - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mat der Schafung vum EMS, e permanente finanziellen Hëllefsmechanismus, maache mer eigentlech eng Korrektur vun den europäesche Verträge a virun allem vum Artikel 125 vum Traité vun der Union européenne, wou déi faméis Clause vum „no bail-out“ drasteet, déi am Fond et verbitt, dass ee Stat engem anere finanziell Hëllefstellung gëtt. An dat ass natierlech

dragesat ginn deemools virum Hannergrond, dass an all eenzel Memberstat muss derfir gesuergt ginn, dass mer keng Accumulatioun vu Scholde kréien, fir dat op deem Wee ze verhënnere.

Den EMS ass also do e wichtige Schratt, en neie Schratt, dee mer ginn, fir dass dat Europa, wat wirtschafts- a finanzpolitesch jo soll a muss zesummewuessen, fir dass dat och ka geschéien. Allerdéngs soe mir awer och, dass dat heiten an engem gewësse Sënn eng verpasste Chance ass, an eng verpasste Chance aus e puer Grënn. Et sinn da virun allem dräi grouss Beräicher, op déi ech wëll agoen, fir dat ze erläutere.

Deen éischten, dat ass deen, dass mer et natierlech hei mat engem Vertrag ze dinn hunn a mat engem Mechanismus herno ze dinn hunn, deen am intergouvernementale Rahme stattfënn, dat heescht, dass de communautaire Rahmen net matabezunn ass, wat och natierlech eng direkt Konsequenz huet iwwer d'Matbestëmmung, virun allem hei vum Europaparlament an, wéi et scho vu mengem Virgänger hei richteg beschriwwen ginn ass, et huet natierlech och eng Inzidenz op déi national Parlamenten.

Dat heescht, mir sinn hei eigentlech gewëssermoossen ugewisen drop, dass d'Regierung hei eis informéieren kënn am Parlament iwwer dat, wat am Conseil des gouverneurs décidéiert gëtt, wou jo de Finanzminister als Vertrieder vun der Lëtzeburger Regierung do präsent ass, fir mat ze decidéieren. An dat ass net grad transparent! Dat dréit och sécherlech net derzou bäi, dass den EMS a sengen Dëschionne vläicht ëmmer esou novollzéibar ass. Dat ass ee ganz kloren Defizit, dee mer do hunn.

Et laascht och sécherlech eng enorm Responsabilitéit, muss ee soen, op den eenzelne Vertrieder, Finanzministeren, déi do hir Dëschionne mussen huelen. A wann ech Finanzminister wär, hätt ech och léiwer, ech hätt hei e parlamentaresche Back-up um nationale respektiv um europäeschen Niveau, dee mat géif d'Dëschionne méi stäipen. Dat wär sécherlech bei deene schwierigen Dëschionnen, déi do heiansdo ze huele sinn, dat wär sécherlech och besser.

Ech wëll elo duerfir net méi am Detail op déi Froen agoen - den Här Bodry huet se jo am Detail nach eng Kéier beschriwwen -, ech wëll just, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och nach eng Kéier rappeléieren, dass effektiv bis elo de Finanzminister ëmmer bereet war, an d'Kommission ze kommen, fir eis ze informéieren iwwer de Fortgang bei der Schafung vum EMS. An en huet eis et och bis elo nach ni ofgeleent, fir an d'Finanzkommission ze kommen, entweder viru wichtigen Dëschionnen an deem heite Kontext oder och duerno, fir mat eis dorivwer ze diskutéieren.

Mä ech mengen, dass et awer wichtig ass, dass mer dat souzesoen och hei als Parlament festhalen an deem Sënn, dass mer eng Motioun géife stëmmen, wou mer eigentlech d'Regierung invitéieren, am Kontext vum EMS - virun an hannendrun - ëmmer d'Chamber informéieren ze kommen iwwer den Impakt vun deenen Dëschionnen, déi do geholl ginn.

Dat kann dann a verschidde Situatiounen, wann d'Finanzkommission fënn, dass Dëschionnen ustinn, déi esou eng politesch Envergnung hunn, dass d'Finanzkommission eleng net d'Dëschionne kann huelen, och derzou féieren, dass eventuell decidéiert gëtt, dass an enger Plénière hei eng Debatt gefouert gëtt, wou d'Regierung iwwer eng Motioun oder eng Beschlusfaassung kann en Optrag kréie respektiv de Minister kann de Réck gestäipt kréien. Mä ech mengen, dass et wichtig ass, dass mer am Parlament an öffentlech och dann hei an der Plénière déi Diskussiounen do féieren.

Här President, ech wëll duerfir domadder och hei déi Motioun dovunner ofginn an ech hoffen, dass se heibannen eng breet Zoustëmmung wäert kréien.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- *considérant le traité instituant le mécanisme européen de stabilité signé le 2 février 2012 à Bruxelles qui est en voie de ratification au sein des pays membres de l'UE;*

- *considérant que son Conseil des gouverneurs doit décider d'un commun accord:*

- *de l'octroi d'un soutien à la stabilité aux pays membres du MES qui ne peuvent plus, ou risquent de ne plus pouvoir, accéder normalement au financement par le marché;*

- *des conditionnalités de politique économique auxquelles sont soumis les pays bénéficiaires du soutien à la stabilité et qui sont établies dans le protocole d'accord de la facilité financière tel que défini à l'article 13 du traité établissant le MES;*

- *du mandat octroyé à la Commission européenne de négocier et de superviser ces conditionnalités de politique économique dont est assorti chaque soutien à la stabilité;*

- *considérant le déficit démocratique en matière de contrôle parlementaire à exercer par le Parlement européen qui est causé par la nature intergouvernementale de l'approche retenue par les États membres de la zone euro;*

- *considérant la résolution du Parlement européen du 23 mars 2011 sur le projet de décision du Conseil européen modifiant l'article 136 du traité sur le fonctionnement de l'Union européenne en vue de la constitution du MES et dans laquelle il est souligné «qu'il convient d'associer pleinement chacun des parlements nationaux, conformément à leurs droits en matière de budget et de contrôle, à toutes les étapes, en particulier dans le contexte du semestre européen, afin d'améliorer la transparence, l'appropriation et la responsabilité pour chaque décision prise»;*

- *considérant les prérogatives en matière budgétaire de la Chambre des Députés;*

demande au Gouvernement:

- *de se présenter systématiquement devant la Commission des Finances et du Budget de la Chambre des Députés lors de la réunion qui précède la réunion du Conseil des gouverneurs du mécanisme européen de stabilité afin d'y exposer et de discuter la position qui sera défendue par le gouverneur luxembourgeois;*

- *de faire un rapport à la Commission des Finances et du Budget lors de la réunion qui suit celle des gouverneurs du mécanisme européen de stabilité afin d'y mettre en évidence:*

- *l'impact financier pour le Luxembourg des décisions prises;*

- *les conditionnalités décidées et imposées aux pays bénéficiant d'une assistance financière dans le cadre du MES;*

- *les rapports de suivi réalisés par la Commission.*

(s.) François Bausch, Claude Adam, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Josée Lorsché, Viviane Loschetter.

Een zweete Punkt, wou mer fannen, dass et eng Rei verpasste Chancë gi sinn, dat betrëfft natierlech un alleréischter Stell de Fait, dass den EMS keng Bankelizenz huet. Dat huet e puer Nodeeler.

Deen éischten ass natierlech, dass en zwar schonn elo méi eng zolidd Capacité financière huet - vu 700 Milliarden -, mä wann ech awer kucken, wat fir eng Risike mer an der nächster Zäit kéinte lafen an Europa a wéi séier dass et kéint sinn, dass déi 700 Milliarden net méi duerginn, dass heescht, dass deen EMS méi eng héich Capacité de financement misst kréien, da mengen ech, dass et schlecht ass, dass den EMS nëmmen drop ugewisen ass, fir sech op de Finanzmarché Kreditter ze beschafen a sech net kann zum Beispill och Kreditter siche goe bei d'Europäesch Zentralbank.

Wann ech reng kucken: D'Dette cumulée vun de Länner Griichenland, Irland, Portugal, Spuenien, Italien an der Belsch zesumme mécht 3.900 Milliarden aus! An deem géigeniwwer, wann ech déi 700 Milliarden hei kucken! Ech weess natierlech - dat hu mer och an der Finanzkommission oft diskutéiert -, dass, wann déi dote Länner, déi ech elo opgezielt hunn, mateneen alleguerten a Schwieregkeete géife geroen, da wäere mer wahrscheinlech souwou an engem aneren Zeenario. Da géif et och souwou net méi eleng duergoe mat engem Rettungsschirm oder mat engem EMS, da misste mer ganz aner Saachen diskutéieren.

Mä nach, ech wollt dee Chiffer einfach emol zitéieren, fir awer opzeweisen, dass déi 700 Milliarde sécherlech vill Sue sinn, mä dass op där anerer Säit awer och eng cumuléiert Dette steet, déi extrem héich ass, an dass et ganz séier ka sinn, dass e Besoin de financement do ass, dee méi héich läit, an dass et dann an enger gewëssener Urgencesituatioun duerchweegs misst méiglech sinn oder misst kënnen méiglech sinn, dass den EMS, wann en dann eng Bankelizenz hätt, sech kéint bei der Zentralbank séier Kreditter siche goen, fir kënnen gewësse Refinanzementer ze maachen.

Et ass awer och nach en anere Grond, firwat mer der Meenung sinn, dass eng Bankelizenz noutwendeg ass, a firwat dass et wichtig oder méi intelligent wär, dass den EMS direkt bei der Zentralbank misst kënnen Sue kréien. An dat ass gewëssermoossen eng pervers Situatioun. Dir wësst jo, dass an deene leschte Méint d'Europäesch Zentralbank d'europäesch Banke massiv mat bëllegem Geld gefiddert huet. An et ass jo och dat eigentlech de Grond, firwat dass d'Mar-



chéë sech zu engem gewëssene Moment berouegt hunn, a soss näischt aneschtens.

Elo ass et awer esou, dat huet net derzou gefouert, éischstens, datt déi Kreditklemm sech opgehewen huet, au contraire. Mä déi Banken, déi déi Sue vun der Zentralbank kritt hunn, hunn awer eppes mat deene Sue gemaach. Ech kommen nach dorobber ze schwätzen.

Mä wat vill méi pervers ass, dat ass, datt den EMS, well e nëmme kann um fräie Marché sech Kreditter siche goen, geet en hin a geet sech dann natierlech bei Privatbanke Sue léinen. Dat sinn da Suen, déi déi Banke vun der Zentralbank zu gönschtege Konditioune virdru kritt hunn - dat heescht, Donë vum Steierzueler - an deementspreechend fir méi en héijen Taux erëm eng Kéier un den EMS weiderverléinen.

Dat ass natierlech eng pervers Situatioun an et wär sécherlech méi gescheit, wann donc den EMS eng Bankelizenz hätt an donc méi käschtegëschteg kéint Sue bei d'Zentralbank léine goen. Wat sécherlech och am Intérêt vun deene Länner wär, déi jo d'Sue solle kréien, déi jo souwisou an enger schlechter Situatioun sinn an déi och frou wäeren, wa se d'Kreditter zu méiglechst beschte Konditioune kéinte kréien.

Et ass awer dann och nach derbäi, datt dat nach méi pervers gëtt, well dann ass et och nach esou, datt, wann ech de spuenesche Fall huelen: Wann elo den EMS dem spuenesche Stat Sue géif ginn, fir datt deen déi kéint u seng Banke weiderginn, fir d'Kreditklemm opzehiewen, dann hu mer nach guer keng Garantie, datt och dat geschitt, wat eigentlech misst geschéien a Spuenien, fir datt Spuenien aus där schwieriger wirtschaftlecher Situatioun erauskënnt, nämlech datt d'Banken och endlech erëm Sue léinen, entweder un d'Privathaushalter oder u Betriber.

Well d'Mësstrauen ass esou grouss entre-temps, datt dann déi spuenesch Banke weinst den Rezessioun a Spuenien a weinst all de Risiken, déi domadder verbonne sinn, éischter keng Sue wäerte verléinen, an de Risiko ass souguer grouss, datt natierlech déi Suen awer erëm benotzt ginn. Mä firwat gi se da benotzt? Mä erëm, fir ze spekuléieren, eventuell géint aner Länner, well d'Banke behale bekanntlech net hir Suen ënnen am Tresor am Keller einfach léien. Déi setzen déi erëm a fir aner Saachen.

Och do gesäit een, datt een hätt missen derfir suergen, hei iwwert den EMS, datt déi Suen, déi Kreditter, déi do vergi ginn, datt een do gewësse Garantie kritt, datt déi Länner och derfir suergen, datt da wéi an deem Fall hei vu Spuenien déi Suen och agesat ginn, fir d'lokal Ekonomie an d'national Ekonomie zum Beispill ze stäipen.

Da spillt sécherlech och ee Punkt hei mat dran, dat ass, datt et hätt misse fäerdegbruecht ginn, den EMS an dat, wat iwwert den EMS gemaach gëtt, besser oder méiglechst optimal ze koordinéieren mat allen anere Politiken an Europa, sief et Aktivitéite vun der Europäescher Investitiounsbank, sief et awer och am Kontext vun den „project bonds“, déi jo elo kommen, am Kontext och vun der europäescher Strategie 2020, déi jo soll am Fong derfir suergen, datt mer endlech an Europa erëm e Wuesstum kréien, datt de Chômage erofgeet, wat natierlech jo och nëmmen d'Garantie ka sinn, datt d'Länner erëm deen néidege finanzielle Sauerstoff kréien, fir iwwerhaupt budgetär erëm besser dozestoen.

Och do gëtt et Lacunen, ganz kloer, an déi hunn natierlech och dermat ze dinn. Do kommen ech am drëtten Punkt dann drop zrëck, op déi Décisiounen, déi nach am Kader vum europäesche Sommet ausstinn, entweder déi nächsten Deeg oder an der Diskussioun ronderëm de Fiskalpakt.

Dann de leschte Punkt, deen och an deem Kontext fir eis wichteg ass: Déi eenzel Memberstate kréie jo och Zësen zrëck. An et misst eigentlech och derfir gesuergt ginn, datt déi Zësen, déi do zrëckkommen - de Finanzminister huet eis jo heiansdo mat enger gewëssener Freed opgezielt, datt iwwert déi Suen, déi verléint gi sinn iwwert den EFSF, schonn Zësen zrëckkomm sinn -, datt déi Suen awer och prioritär agesat ginn, an och erëm am Sënn vun der Strategie 2020, nämlech fir derfir ze suergen, datt se reinvestéiert ginn an d'national Ekonomien, fir datt mer kënnen aus der Kris erauskommen.

Well nëmmen, wa mer et fäerdegbréngen, aus der Rezessioun erauszekommen an erëm de Chômage erofgedréckt ze kréien, dat heescht Aarbechtsplazen ze schafen, da kënnen d'Staten och erëm déi Recettë kréien, déi se brauchen, fir kënnen e Budget ze kréien, deen am Équilibre ass.

Dat bréngt mech dann natierlech zum drëtten Deel. Ech wollt awer zum zweeten Deel, Här President, och eng Motioun déposéieren, déi am Fong dat alles erëmgëtt, wat ech elo beschriwwen hunn, a wou ech och hoffen, datt mer déi ugeholl kréien. Ech hu se selwer nach net ënnerschríwwen, ech huelen dat dann no.

Motion 2

La Chambre des Députés,

- considérant le traité instituant le mécanisme européen de stabilité signé le 2 février 2012 à Bruxelles qui est en voie de ratification au sein des pays membres de l'UE;

- considérant les conclusions du Conseil européen du 17 juin 2010 sur «Europe 2020 - Une stratégie pour une croissance intelligente, durable et inclusive» par lesquelles l'UE s'est fixée comme objectif de

- «réduire les émissions de gaz à effet de serre de 20% voire 30% par rapport aux niveaux de 1990; faire passer à 20% la part des sources d'énergie renouvelable dans notre consommation finale d'énergie; et s'acheminer vers une augmentation de 20% de notre efficacité énergétique;

- améliorer les niveaux d'éducation, en particulier en s'attachant à réduire le taux de décrochage scolaire à moins de 10% et en portant à 40% au moins la proportion de personnes âgées de 30 à 34 ans ayant obtenu un diplôme de l'enseignement supérieur ou atteint un niveau d'études équivalent;

- favoriser l'inclusion sociale, en particulier en réduisant la pauvreté, en s'attachant à ce que 20 millions de personnes au moins cessent d'être confrontées au risque de pauvreté et d'exclusion.»;

- considérant les six législations européennes renforçant la gouvernance économique dans l'Union européenne et au sein de l'Union économique et monétaire entrée en vigueur le 13 décembre 2011;

- considérant que le Conseil des gouverneurs doit décider d'un commun accord aussi bien

- de l'octroi d'un soutien à la stabilité aux pays membres du MES qui ne peuvent plus, ou risquent de ne plus pouvoir, accéder normalement au financement par le marché;

- des conditionnalités de politique économique auxquelles sont soumis les pays bénéficiaires du soutien à la stabilité et qui sont établies dans le protocole d'accord de la facilité financière tel que défini à l'article 13 du traité établissant le MES;

- du mandat octroyé à la Commission européenne de négocier et de superviser ces conditionnalités de politique économique dont est assortie chaque assistance à la stabilité;

- considérant les prérogatives en matière budgétaire de la Chambre des Députés;

demande au Gouvernement:

- de veiller à ce que les différents leviers disponibles au niveau de l'Union européenne pour mener et financer des politiques économiques soient coordonnés de façon effective dans le cadre des programmes d'ajustement macroéconomique qui conditionnent les aides financières octroyées par le MES;

- de veiller dans ce contexte à ce que

- la Banque européenne d'investissement soit impliquée dans l'établissement des programmes d'ajustement macroéconomique;

- les fonds structurels non utilisés soient mobilisés en appui des domaines et secteurs visés dans la stratégie UE2020 en matière d'emploi, de lutte contre la pauvreté, d'éducation, de recherche et développement, de climat et d'énergie;

- de plaider pour que les intérêts perçus sur les prêts octroyés à l'État membre bénéficiaire de l'assistance financière soient réinvestis dans les domaines et secteurs visés par la stratégie UE2020 telle que énoncée ci-dessus;

- de plaider pour l'octroi d'une licence bancaire au mécanisme européen de stabilité afin de lui donner un accès plus direct aux liquidités de la Banque centrale européenne et de réduire ainsi les coûts des appuis financiers aux pays en difficultés.

(s.) François Bausch, Claude Adam, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Josée Lorsché, Viviane Loschetter.

Ech kommen dann awer zum drëtten Volet. Dat ass dat, wat och schonn zum Deel vum Här Bodry ugeschnidde ginn ass. Dat ass de Fiskalpakt an alles dat, wat elo am Kader vum Sommet dese Weekend, also déi nächsten Deeg, wäert diskutéiert ginn, deen ee jo net ka lassgëlleist gesi vun dem EMS, och wann den EMS elo hei nëmmen e Mechanismus ass, dee mer schaffen.

Mä mir wësse jo awer, datt d'Konditiounen, fir herno kënnen vu Kreditter vum EMS ze profitéieren, zum Deel festgeluecht ginn iwwert de Fiskalpakt respektiv iwwer alles dat beaflosst ginn,

wat an deenen nächsten Deeg zu Bréssel respektiv an den nächste Méint dann op europäeschen an op internationalen Niveaue wäert diskutéiert ginn.

An effektiv fanne mir et och net gutt, datt d'Parlament sech net méi mat deene Froen, déi do diskutéiert ginn, ausenanersetzt. Mir wonneren eis och iwwer all méiglech Proposen, déi de Moment an der Diskussioun sinn vun eenzelnen net onbedeitenden europäesche Politiker, sief et Finanzministern oder och Statschefen an Europa. Dat dréit och ganz sécher net derzou bäi, datt d'Bierger an Europa verstinn, wéi déi Zesammenhäng ze gesi sinn a wéi d'Décisiounen an Europa falen oder misste falen.

Mä wéi gesot, et kann een den EMS souwisou net lassgëlleist gesinn haaptsächlech vum Fiskalpakt, dem Fiskalpakt, dee jo am Januar vun der Madame Merkel an dem Här Sarkozy als eppes immens Revolutionäres verkaaft ginn ass, mä wat awer eigentlech näischt Neies ass.

Wat mécht de Fiskalpakt? Mä e schreift eigentlech dat, wat mer haut schonn am Pacte de stabilité hunn, nach fest. Dat soll festgeschriwwen ginn an déi national Gesetzgebungen. Dat heescht, mir verstärke just déi Discipline budgétaire, déi am Fong schonn am Stabilitéitspakt virgesinn ass.

A mir fannen et just wierklech erstaunlech, datt dat ëmmer erëm an Zesammenhang mat der Kris bruecht gëtt, an där mer sinn, a gemengt gëtt, dat eleng géif duergoen, fir d'Vertrauen an Europa erëm hierzestellen. Well wann een emol kuckt, wéi d'Situatioun an deenen eenzelnen europäesche Länner ass, da stellt ee jo fest, datt déi ganz ënnerschiedlech ass.

Wann ee kuckt, wéi d'Situatioun fir Griichenland ass, dann ass ganz sécherlech a Griichenland déi budgetär Disziplin an deene leschten zéng Joer net respektéiert ginn. A Griichenland huet duerch eng schlecht Gouvernance ganz sécher e gudden Deel vu senge Problemer selwer verschëllt. Do kommen déi wirtschaftlech natierlech nach drop.

Mä fir Irland oder Spuenien trifft dat iwwerhaupt net zou. Irland a Spuenien, dat ware Länner, déi ware bis 2008, ech wëll net soe Musterschüler an dem Respektéiere vun der budgetärer Disziplin an Europa, mä dat waren op alle Fall Länner, déi... Spuenien zum Beispill huet säin Defizit extrem staark reduzéiert tëscht 2000 an 2008. Irland hat iwwerhaupt keen öffentlichen Defizit bis 2008. A wann een och d'Gesamtmoenne kuckt an den EU-Länner, da stellt ee fest, datt am Allgemenge gesinn an der Moyenne déi Joren 2000-2008 genotzt gi sinn, fir Budgetsdefiziter an Europa ofzebauen.

Dat heescht, et ass esou, datt duerch déi Kris 2008 an alles, wat vu Rettungsaktiounen a vun Interventiounen huet misse gemaach ginn, déi jo awer mat dem Bankesystem ze dinn hunn, datt doduerjer eréischt d'Budgetsdisziplin definitiv gesprengt ginn ass. An ech fannen et och bal eng Frechheet - muss ech scho soen -, wann ëmmer erëm Däitschland hei u vorderster Front spadséiert, fir dann anere Länner Lektionen auszedeele an deenen ze erklären, wéi eisern se misste spueren, well nämlech Däitschland dat Land war, wat grad an där Phas, wou et geboomt huet, an engem Defizitverfahren dra war an Europa.

An och weinst Däitschland, ënner anerem och weinst Frankräich, dat heescht, weinst deenen zwee Länner, déi elo d'Lektiounen ausdeele ginn doruechter, ass dunn de Pacte de stabilité gewëssermooose schonn opgeweecht ginn a sinn déi Regelen e bësselche méi locker gekuckt ginn, fir datt dat Defizitverfahren net zu Sanktiounen huet misse féieren.

Dat heescht, et ass eigentlech ganz ënnerschiedlech, firwat datt, wéi gesot, déi Defiziter komm sinn, virun allem a Spuenien, wann ech gesinn, datt Spuenien haut natierlech e gudden Deel vu senge Problemer huet, well Banken immens vill faul Kreditter aus dem Immobiliëberäich an hiren Tresoren haten.

Mä entre-temps huet Spuenien awer och e grouse Problem, well ëmmer méi normal Bierger, Privathaushalter oder och kleng- a mëttelstänneg Entrepreneuren d'Baach aginn, well se an enger Rezessioun hänken an doduerjer Kreditter iwwert dee Wee net méi zrëckbezuelt ginn an déi Rezessioun natierlech zu engem Deel provoziert ass duerch déi iwwerdríwwen Austeritéitspolitik, déi an deem Land muss gemaach ginn. Well einfach alles ofgewiergt gëtt an doduerjer d'Leit keng Méiglechkeet méi hunn, hir Kreditter zrëckbezuelen, respektiv de Chômage op Rekordhéichten a Spuenien klëmmt an dat natierlech eng direkt Inzidenz dann huet op d'Verschëldung vun de Leit an donc och op hir Fäegkeet, fir Scholde kënnen zrëckbezuelen.

Dat ass och de Punkt, deen eis besonnesch onzefriddestellt, well déi ganz Diskussiounen, déi ronderëm de Fiskalpakt gefouert gi sinn, haapt-

sächlech inspiréiert duerch Däitschland a Frankräich, absolut eesäiteg sinn an déi ganz villfältig Facetten, déi eis an déi Kris gefouert hunn an och an d'Verschëldung vun eenzelne Länner gefouert hunn, guer net an deem Mooss berücksichtegen. A wann een och kuckt, wat dat Beroderteam seet, wat d'spuenesch Banken duerchlicht huet, déi de Moment a Schwierigkeete sinn, geet dat am Fong, wann een déi Expertise do kuckt, och ganz däitlech fir Spuenien ervir.

Et gëtt gesot, d'Héicht vun deem, wat d'spuenesch Banke bräichten, dat kéint tëscht 25 an 62 Milliarde leien. An da gëtt hannendru gesot, dat géif wäitgehend dervun ofhänken, wéi déif datt d'Rezessioun, also d'wirtschaftlech Rezessioun, a Spuenien wär. Dat heescht, si ginn natierlech dervun aus, datt jee nodeem, wéi déif d'Rezessioun ass, ëmmer manner Leit kënnen verschidde Scholden zrëckbezuelen, well se an de Chômage kommen oder wat och ëmmer, an deementspreechend dat en immensen Impact op d'Situatioun vun de spuenesche Banken huet.

An donc kann ee sech och d'Fro stellen, wat da méi deier oder méi bëlle gëtt fir d'Bierger an der Europäescher Unioun. Ass et méi wichteg de Moment, wann ech d'Wiel hunn, fir d'Banken ze retten oder fir d'Wirtschaft ze stützen? Wann ech de spuenesche Fall dann huelen, dann ass et eiser Meenung no ganz kloer, datt déi zweet Variant vill méi bréngt.

Op alle Fall, eent dierf een net maachen an nëmmen alles eesäiteg op déi eng Variant kucken, well dat geet net op, au contraire. D'Kris ass amgaangen, sech total selwer ze alimentéieren doduerjer. Duerfir ass och déi blann Austeritéitspolitik, déi haaptsächlech vun Däitschland ëmmer erëm gepriedegt gëtt, ganz sécherlech de falsche Wee. Wa mer et net fäerdegbréngen, iwwert déi vill Méiglechkeeten, déi mer awer zur Verfügung hunn - an déi sinn och schonn de Mëtteg zu engem groussen Deel opgezielt ginn, duerfir brauch ech déi net ze widderhuelen -, och erëm eng Relance an Europa ze kréien, da wäerte mer nimmools aus där Kris do erauskommen. Da wäert au contraire d'Kris sech duerch déi blann Austeritéitspolitik nach verschärfen.

Do sinn och nach vill Saache fir eis, déi am Onkloere sinn. A well awer de Fiskalpakt gewëssermooosen d'Ausféierungsbestëmmunge festleet, och iwwer wat a wéi ee ka Kreditter vum EMS kréien, si mer wierklech de Moment nach onzefridden. An ech soen och: Wann net ganz staark nogebessert gëtt a wann net dee Fiskalpakt flankéiert gëtt duerch e ganze Pak vu Mesuren, fir Wuesstum ze förderer respektiv erëm ekonomesch d'Situatioun ze verbessern an Europa, da wäerte mir dee Fiskalpakt an där Form sécherlech net stëmmen an dësem Parlament. Dat wëll ech hei nach eng Kéier däitlech maachen.

Da wëll ech awer och nach drun erënneren, an dat ass och net onwichtig am Kontext vum EMS, wann an Zukunft soll mat Länner négociéiert ginn, déi da Kreditter iwwert den EMS brauchen, datt et en europäeschen Traité gëtt, wou och eng Rei Saache festgehele gi sinn iwwert d'finanzpolitesch Iwwerleeungen eraus.

Et gëtt haut am Traité eng ganz Rei Artikelen, déi zum Beispill och festleeën, datt Europa eng Verflchtung huet, datt mer kee Chômage hunn, datt mer am beschte Vollbeschäftegung hunn, datt mer eng gewësse Sozialpolitik mussen hunn an datt déi Iwwerleeungen och dann eben an d'Diskussiounen mussen afléissen, wann et drëms geet ze kucken, ënner wat fir enge Konditiounen datt Länner Kreditter kënnen vum EMS kréien.

A fir deem Rechnung ze droen, Här President, hu mer eng drëtt Motioun gemaach, wou déi Saachen och alleguerten dran enthalen sinn.

Motion 3

La Chambre des Députés,

- considérant le traité instituant le mécanisme européen de stabilité signé le 2 février 2012 à Bruxelles qui est en voie de ratification au sein des pays membres de l'UE;

- considérant les conclusions du Conseil européen du 17 juin 2010 sur «Europe 2020 - Une stratégie pour une croissance intelligente, durable et inclusive» par lesquelles l'UE s'est fixé comme objectif de:

- «réduire les émissions de gaz à effet de serre de 20% voire 30% par rapport aux niveaux de 1990; faire passer à 20% la part des sources d'énergie renouvelable dans notre consommation finale d'énergie; et s'acheminer vers une augmentation de 20% de notre efficacité énergétique;

- améliorer les niveaux d'éducation, en particulier en s'attachant à réduire le taux de décrochage scolaire à moins de 10% et en portant à 40% au moins la proportion de personnes âgées de 30 à 34 ans ayant obtenu un diplôme de l'enseignement supérieur ou atteint un niveau d'études équivalent;



- favoriser l'inclusion sociale, en particulier en réduisant la pauvreté, en s'attachant à ce que 20 millions de personnes au moins cessent d'être confrontées au risque de pauvreté et d'exclusion.»;

- considérant les six législations européennes renforçant la gouvernance économique dans l'Union européenne et au sein de l'Union économique et monétaire entrée en vigueur le 13 décembre 2011;

- considérant que le Conseil des gouverneurs doit décider d'un commun accord aussi bien

- de l'octroi d'un soutien à la stabilité aux pays membres du MES qui ne peuvent plus, ou risquent de ne plus pouvoir, accéder normalement au financement par le marché,

- des conditionnalités de politique économique auxquelles sont soumis les pays bénéficiaires du soutien à la stabilité et qui sont établies dans le protocole d'accord de la facilité financière tel que défini à l'article 13 du traité établissant le MES;

- du mandat octroyé à la Commission européenne de négocier et de superviser ces conditionnalités de politique économique dont est assortie chaque assistance à la stabilité;

- considérant les prérogatives en matière budgétaire de la Chambre des Députés;

demande au Gouvernement:

- de veiller à ce que les banques soient tenues de maintenir le niveau de prêts aux petites et moyennes entreprises au niveau observé un an auparavant l'octroi d'aides de recapitalisation si ces aides sont octroyées directement ou indirectement à travers le MES;

- de veiller dans ce contexte à ce que les banques soient tenues de contribuer à la réalisation des objectifs de la stratégie UE2020 en matière d'emploi et de lutte contre la pauvreté, d'éducation de recherche et développement, de climat et d'énergie;

- de veiller à ce que les conditionnalités de politiques économiques respectent explicitement les dispositions du traité sur le fonctionnement de l'Union européenne notamment:

- les articles 9 et 11 sur les clauses horizontales stipulant que «dans la définition et la mise en œuvre de ses politiques et actions, l'Union prend en compte les exigences liées à la promotion d'un niveau d'emploi élevé, à la garantie d'une protection sociale adéquate, à la lutte contre l'exclusion sociale ainsi qu'à un niveau élevé d'éducation, de formation et de protection de la santé humaine» ainsi que «les exigences de la protection de l'environnement (...), en particulier afin de promouvoir le développement durable»;

- l'article 151 qui stipule que dans la poursuite des objectifs sociaux et d'emplois, «l'Union et les États membres mettent en œuvre des mesures qui tiennent compte de la diversité des pratiques nationales, en particulier dans le domaine des relations conventionnelles»;

- l'article 153.5 qui précise que les politiques et recommandations de l'UE «ne s'appliquent ni aux rémunérations, ni au droit d'association, ni au droit de grève, ni au droit de lock-out»;

- l'article 14 selon lequel «l'Union et ses États membres (...) veillent à ce que les services [d'intérêt économique général] fonctionnent sur la base de principes et dans des conditions, notamment économiques et financières, qui leur permettent d'accomplir leurs missions»;

- de saisir la Cour européenne de justice si les conditions énoncées au point précédent ne sont pas respectées conformément à l'article 37 du traité instituant le MES.

(s.) François Bausch, Claude Adam, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Josée Lorsché, Viviane Loschetter.

Ech wëllt nach ofschléissend, Här President, profitéieren, well ech gi jo dervun aus, datt mer iwwert de Fiskalpakt respektiv iwwert dat, wat an deenen nächsten Deeg um Sommet diskutéiert gëtt, entweder d'nächst Woch iwwer eng Deklaratioun vun der Regierung Zäit wäerte kréien, fir driwwer ze schwätzen. Oder da spéitstens an der leschter Woch, wou mer Sitzung hei hunn, do hu mer jo virgesinn, eng Debatt ze maachen iwwert dat, wat mer als Äntwert zrëckgeschéckt kritt hunn op dat, wat mer op Bréissel erageschéckt hunn am Zesummenhang mam Semestre européien, wat jo am Fong och domadder zesummenhänkt, a wou mer duerfir da vill Geleeënheet wäerte kréien, iwwert déi aner Voleten ze schwätzen. Duerfir wäert ech datt haut net maachen.

Duerfir wäerte mir haut dës Gesetzter stëmmen, Här President. Och wa mer se mat engem gewëssene Bauchwéi stëmmen, mir stëmmen se, well mer der Meenung sinn, datt et Instrumenter sinn, déi mer ganz sécher brauchen, fir eng gewësse verdéiften a méi solidaresch Europäesch Unioun ze kréien.

Mä, wéi gesot, mir stëmmen se mat engem gewëssene Bauchwéi, well eigentlech deen zweete Volet dovunner, nämlech de Fiskalpakt an alles, wat domadder zesummenhänkt, nach aussteet an nach kee richteg weess, wat do drasteet. A mir wäerten, wéi gesot, dann dorobber zrëckkommen, wann déi Texter an d'Chamber kommen, fir dann nach eng Kéier dozou méi kloer Stellung ze bezéien an eventuell do dergéint ze stëmmen, jee nodeem, wéi déi ausfallen.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Bausch. Als nächste Riedner ass den Här Gibéryen agedroen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'Éischt och e Wuert un de Kolleeg Michel Wolter als Rapporteur, deen et net einfach hat an dat awer majestätesch gemaach huet, fir e komplizéierten Dossier an enger verständlecher Form dach awer hei kënne virzedroen.

Ech mengen, Här President, mir stëmmen haut hei direkt dräi Gesetzter am Parlament: De Projet 6334, deen eng Ofännerung vum Artikel 136 vum Traité européien iwwert de Fonctionnement vun der Unioun am Zesummenhang mat dem Méchanisme de stabilité huet, de Projet 6405 iwwert d'Schafung vum Méchanisme européien de stabilité, dem MES selwer, an den drëtte Projet ass dann éischters eng Participatioun vum Lëtzebuerger Stat um Kapital vum MES, an zweetens ass an deem Projet och d'Ofsécherung vum Kapital vun där Gesellschaft géint Saisien oder Mainmisen dran. Mir diskutéieren déi dräi Projeten zesummen, well se mateneen zesummenhängen, an dann huele mer herno dräi Voten. An eis Partei stëmmt jo bekanntlech géint dës dräi Projeten.

Här President, zënter datt d'Eurokris oder besser gesot d'Scholdekris vun enger Rei vun europäesche Staten eis beschäftegt, ass et haut niewent enger Rei vun Debatten déi drëtte Kéier, datt mir als Chamber iwwer e Gesetzestext an deem Zesummenhang befannen an decidéieren.

Déi zwee éischt Gesetzter waren: Den 1. Juli 2010 huet d'Chamber e Gesetz gestëmmt iwwert den FESF, de Fonds européien de stabilité financière, de sougenannten „Rettungsschiem“, wouranner de Lëtzebuerger Stat sech fir Garantien an der Héicht vun 1,15 Milliarden Euro engagéiert huet. De 15. September 2011 huet d'Chamber e Gesetz gestëmmt, wou dës Garantië vun 1,15 Milliarden Euro op 2 Milliarden eropgesat si ginn.

Dat éischt Gesetz vum 1. Juli 2010 iwwer eng Garantie vun 1,15 Milliarden huet d'ADR mat enger gewësser Skepsis deemools nach matgestëmmt. Mäi Parteikolleeg Jacques-Yves Henckes huet zum Schluss vu senger Interventioin deemools gesot: „Ech hoffe just nuren, datt, wa mer dësem Gesetz zoustëmmen, mer domaden net eng Kaz am Sak kafen.“ Haut muss ee soen: En hat eng weis Viraussicht, well genau sou ass et gaangen.

An den deemolegen Debatten, also virun zwee Joer, ass vu Regierungssäit och esou gemaach ginn, wéi wann déi Garantien nëmmen a priori e symbolesche Charakter fir d'Finanzmäert hätten, fir déi ze berouegen. De Finanzminister huet d'Parlament dann och mat Sätz berouegt, wéi: „Bis haut huet keen eenzeg Land gefrot, fir vun där Gesellschaft Sue geléint ze kréien“, an: „Et kann een hoffen, datt dat Instrument vläicht net a Kraaft ze triede brauch.“

De Rapporteur sot deemools: „...fir datt den Euro bei der nächster Reeschauer am Dréchene bleift a fir ze verhënnern, datt d'Finanzmäert den Euro an de Keller spekuléieren.“ A weider sot hien: „Dat Instrument géif nëmmen agesat ginn, wann, wéi déi Däitsch géife soen «alle Stricke reißen».“

Mä d'Realitéit huet eis séier ageholl, well schonns gutt ee Joer méi spéit, de 15. September 2011, huet d'Chamber, wéi virdru scho gesot, dës Garantië vun 1,15 op 2 Milliarde gehéicht. An haut stëmmen mer schonns erëm enger weiderer staatlecher Participatioun zou.

Mir wëssen alleguer, datt den FESF an der Zwëschenzäit enger ganzer Rei vu Staten huet misshëlfe. An net méi spéit wéi gëschter hu Spuenien an Zypern offiziell Hëllef ugefrot.

D'ADR huet datt zweet Gesetz net méi matgestëmmt, an d'ADR wäert och duerfir, wéi gesot, haut dës Gesetzter net zoustëmmen. D'Ursache fir eisen Nee si verschiddener Natur: éischters d'Manéier, wéi dës Kris an der Europäescher Unioun vu Spëtzepolitikter bis elo gëréiert an decidéiert ginn ass.

Ech erënneren un den Tandem Merkel/Sarkozy, déi ëmmer diktéiert hunn, an Europa an all déi eenzel Staten hunn nach just ratifizéiert, wat „Merkozy“ decidéiert huet. Frankräich huet an der Zwëschenzäit en neie sozialistesche President kritt, an et kann een dervun ausgoen,

datt deen Tandem Paräis/Berlin net méi an darselwechter Form wäert d'selwecht fonctionnéieren, wéi dat an der Vergaangenheet de Fall war.

Et wier flott, Här President, wann eis Sozialisten hei am Land sech och emol géife méi kritesch mat deene Froen ausenansetzen an net och einfach ëmmer blannemännches hannendrulen. Do gesäit een, datt e Sozialist nach laang net ëmmer e Sozialist ass!

(Interruptions diverses)

Bei de Fransousen, Här Fayot, bei de Fransousen ass zum Beispill e sozialistesche President, deen huet sech solidaresch erkläert mat de Stolaarbechter vun ArcelorMittal, déi wëllt Wierker zoumaachen, an en huet souguer mat Gesetzter gedreet, déi e géif stëmmen loossen, fir wann de Mittal dat géif maachen. Dat ass e Sozialist a Frankräich. Hei zu Lëtzebuerg, do sëtzen d'Sozialiste beim Mittal am Verwaltungsrot an déi erklären de Leit an de Stolaarbechter, firwat datt d'Wierker hei zu Lëtzebuerg müssen zougemaach ginn. Duerfir, wéi gesot, e Sozialist ass nach laang net ëmmer e Sozialist!

(Interruptions diverses)

Mä et waren net nëmme Merkel a Sarkozy gewiescht mat hirer Manéier, wou een net konnt averstane sinn, och eise Premier huet ferm do matgemëscht, wa mer säin Artikel, dee mémorabelen Artikel, nach eng Kéier an Erënnung ruffen, deen en am „Spiegel“ '99 gemaach huet, wéi en am Fong gesot huet, wéi Europa géif fonctionnéieren: „Wir beschließen etwas, stellen das dann in den Raum und warten einige Zeit ab, ob was passiert. Wenn es dann kein großes Geschrei gibt und keine Aufstände, weil die meisten gar nicht begreifen, was da beschlossen wurde, dann machen wir weiter, Schritt für Schritt, bis es kein Zurück mehr gibt.“

Dee Saz seet alles iwwert de Fonctionnement vun der Europäescher Unioun. D'Leit gi fir domm verkaft, d'Demokratie seet: „weil die meisten gar nicht begreifen, was da beschlossen wurde“, d'Leit ginn also ugeschmiert, an dat nennt sech dann déi berühmten europäesch Demokratie!

Haut stëmmt d'Majoritéit vun dësem Parlament erëm esou engem Schratt zou. „Schritt für Schritt, bis es kein Zurück mehr gibt“, huet den Här Juncker deemools gesot. Mir als ADR hunn duerfir kee Vertrauen an déi europäesch Politik an och net an eis Regierung, déi déi Politik do mat vertritt.

Zweetens, d'Konsequenze vun dëser europäescher Politik, déi bis elo eesäiteg um Bockel vun der Mass vun de Leit ausgedroe ginn ass: Sozialoffbau fir d'Mass vun de Leit, an un déi ganz Déck ass bis haut nach näischt komm an Europa. Griichenland ass do dat beschte Musterbeispill. An och do huet eise Statsminister, dee sech heiheim jo esou sozial ëmmer wëllt gi mat engem soziale Mäntelchen, gesot, wann d'Griichen net deen Ofbau do maachen, wéi mir en hunn, dann, huet e geschriwwen, och an enger däitscher Zeitung, am „Handelsblatt“ 2010: „Sie können sicher sein, wir haben die Folterwerkzeuge im Keller und wir zeigen sie, wenn es nötig ist.“

Also, mir haten eng Kéier an däitsche Minister, dee wollt da mat der Artillerie umarschéieren, den Här Juncker, dee marschéiert a Griichenland mat de „Folterwerkzeuge“ un, déi en am Keller huet a wann net do deen Ofbau bedriwwen gëtt, wéi si dat gär hätten! Dat seet alles am Fong, wéi dat Europa hei fonctionnéiert.

Drëttens ass d'Bekämpfung vun der Kris konzentréiert gewiescht op Sozialoffbau - massiiv Uwuesse vum Chômage fanne mer an deene Länner -, awer net op Wuesstum a Beschäftigung. En Europa vum sozialen Ofbau! A mir wieren och frou, wann d'Regierung eis géif herno erklären, ob si och bereet wier, déi Wuesstumsstrategie, déi an Europa diskutéiert gëtt, matzedroen, fir datt mer virun allem emol an deene Länner Wuesstum kréien, fir datt déi Länner eng Zukunft, eng Perspektiv kréien an d'Jugend erëm Aarbechtsplaze kritt.

Véiertens, d'ADR ass prinzipiell der Iwwerzeegung, datt et am Interessu vum Euro a Griichenland wier, wa Griichenland géif den Euroraum verlossen. Mir mengen, et sollt een Iwwerleeungen och ustellen oder zumindest emol Berechnunge maachen, wann ee géif en europäesche Raum schafe mat deene Länner, déi och ekonomesch amstand wieren, e stabilen Euro ze garantéieren, an datt een deenen anere Länner géif finanziell hëlfe, fir eben - dann erëm a priori Griichenland - esou een Austrëtt ze erméiglechen.

A mir waren iwwerrascht, Här President, wann ëmmer gesot ginn ass, wann e Land wéi Griichenland géif ofwäerten, dann hätt dat néfaste Konsequenze fir d'Leit, déi an deem Land liewen. An duerfir war ech iwwerrascht, fir elo ganz rezent de 14. Juni am „Tageblatt“ ze

liesen, datt ee Member vun der Lëtzebuerger Regierung, den Här Schmit, deen op enger Pensionéierterversammlung vum Lëtzebuerger Landesverband geschwat huet an deen dann do zitéiert gëtt, datt den Här Schmit seet: „Europa zerstört seine wirtschaftliche Basis“. An da seet en: „Da die Einheitswährung Euro in den besonders krisengeschüttelten Ländern wie Griechenland und Spanien nicht abgewertet werden könne, geschehe nun eine sogenannte «interne Abwertung», die sich in Lohnsenkungen von 20% bis 30% in diesen Staaten ausdrücke. Durch diese falsche Politik der Austerität rutsche Europa immer tiefer in die Krise...“.

Mir sinn also frou, datt mer vun engem Member vun der Lëtzebuerger Regierung nodréiglech zu honnert Prozent recht kruten an eisen Iwwerleeungen, déi mir virun enger Rei vu Joren hei gemaach hunn.

E fënnefte Punkt ass, datt mer soen, datt mer als Land Schratt fir Schratt - „Schritt für Schritt“, huet den Här Juncker gesot - ëmmer méi Souveränitéitsrechter un Europa ofzeginn. D'EU huet genuch Kontrollrechter opgrond vum Maastrichter Vertrag gehat, huet dës Kritären awer an der Zwëschenzäit iwwer 80-mol violéiert. Ee Land huet deem aneren, oder besser gesot, ee Stats- a Regierungschef huet deem aneren d'Absolutioun ginn, fir d'Maastricht-Kritäre kennen ze violéieren.

An haut wëlle se, well se hir Aarbecht net gemaach hunn, duerfir als Dank och nach méi Rechter kréien. Wiederer wéi Wirtschaftsregierung, europäesche Finanzminister, d'Bankekontroll vun der EZB sinn nëmme Stéchwierder fir weider Souveränitéitsrechter un Europa ofzeginn. An och hei wiere mer frou, wann de Minister eis kéint do d'Stellung vun der Lëtzebuerger Regierung zu deenen Iddiën ginn.

Haut an am Kontext vun dësen dräi Projete musse mer eis awer och a priori aner Froen hei stellen: Wéi grouss ass dem Lëtzebuerger Stat säin Engagement als Garantie respektiv als direkt finanziell Participatioun un deene verschiddene Rettungsmechanismen? Nieft zwou Milliarden Garantien um FESF stëmmt d'Chamber haut eng Participatioun vun 1.752.800.000 um Kapital vum MES. Vun dëser Zomm sinn 200 Milliounen direkt bannent dräi Joer ze bezuelen. Dat sinn déi „parts libérées“. Et ass scho gesot ginn: zweemol 40 Milliounen dëst Joer, zweemol 40 Milliounen d'nächst Joer an eng fënneft Tranche vu 40 Milliounen am Joer 2014.

Iwwert déi reschtlech Zomm vun 1,5 Milliarden „parts sujettes à appel“ hu mir als Chamber a souguer als Regierung, wann dës Projet haut gestëmmt gëtt, awer keen direkten Afloss méi. Wéini datt se zum Deel oder ganz verlaangt gi respektiv nach an d'Luucht gesat ginn, weess keen an huet och kee rausfonnt. Den Artikel 40.4 seet: «Les membres du MES s'engagent de manière irrévocable et inconditionnelle à fournir leur contribution au capital social autorisé...».

An och déi Zomm vun 1,5 Milliarden Euro fir Lëtzebuerg kann nach an d'Luucht goen - zwar mat enger Décisioun vun honnert Prozent - iwwert d'Applikatioun vum Artikel 42, duerch dee méi aarme Länner kënne manner bezuelen an duerfir aner Länner musse méi bezuelen, ouni datt de Pott vu 700 Milliarden ännert. A laut Artikel 10 kann och de Moment (veuillez lire: Montant) vum Capital autorisé, also deene 700 Milliounen (veuillez lire: Milliarden), geännert ginn. Kee vun eis weess haut, wéini ee weideren Deel, méi grouss oder méi kleng, zousätzlech vun eisem Land verlaangt gëtt.

Dat huet awer een enormen Impakt op eis zukünfteg budgetär Politik iwwert d'Investitiounspolitik vum Stat, och wa gesot gëtt, datt déi Suen, déi mer hei erabezuelen net laut de Maastricht-Kritären zur Scholdeberechnung ugerechent ginn, well mer eng soi-disant Contrepartie kréien. Do musse mer awer wëssen, datt dat Sue sinn, déi mer léine ginn, an datt dat awer fir eis eng Schold ass. D'Schold ass do, well mir dëst Geld integral léine musse goen.

D'Fro, wéini datt ee kéint dermat rechnen, datt ee vun där Kapitalbedeelegung iergendwann eppes kéint eng Kéier zrëckkréien, déi Fro huet bis elo nach kee gewot, iergendwéi ze beäntwerten. Op jidde Fall ass dat an den nächsten Jorzéngte sécherlech net de Fall.

D'Ofstëmmung iwwert d'Participatioun, déi hëlt de Conseil des gouverneurs, wat am Prinzip d'Finanzministere sinn. Wichteg Décisiounen ginn eestëmmeg geholl. A par dérogation à cette règle kann och eng Procédure d'urgence



ageleet ginn, wann d'Europäesch Kommissioun an d'Europäesch Zentralbank feststellen, datt déi finanziell an ekonomesch Stabilitéit an der Eurozon menacéiert ass. Dann zielt net méi d'Unanimitéit, d'Eestëmmegkeet, also d'Veto-recht, mä eng Majoritéit qualifié vu 85%. An hei huet Lëtzebuerg ganzer 0,25% vum Stëmmengewicht, also guer kee Gewicht a Recht méi!

D'Parlament huet och näischt méi da matzschwätzen. Da gëtt am Conseil de Gouvernement décidéiert, wéi de Lëtzeburger Stat an Zukunft muss participéieren. Mir hunn 0,25%, Däitschland huet der 27%, Frankräich huet der 20,38%, sou datt een also gesäit aus der Opstellung, wéi et elo geet: datt souwuel Däitschland wéi Frankräich kënne jiddwelen eenzel eng Décisioun blockéieren, wann en urgence déi Décisioun géif geholl ginn, wou déi 80% verlaangt ginn. Also souwuel Däitschland wéi Frankräich kënne jidderween eenzel d'Décisioun blockéieren.

Et kann awer och esou sinn, datt Däitschland a Frankräich kënne mat e puer Länner - also eng Minoritéit vu Länner - eng Décisioun huelen iwwer eng Majoritéit vu Länner. An et kann esou sinn, datt déi zwee Länner zesumme mat deene Länner, déi Suen ze kréien hunn, och eng Majoritéit kréien a kënne géint déi aner Länner décidéieren an eng Majoritéit kréien. Et ass also e System, wat hei entwéckelt gëtt.

Elo kann een natierlech soen, déi Urgence, déi kënnt eréischt an enger zweeter Phas. Mä wann ee sech an der éischter Phas net eens gëtt, wou honnert Prozent verlaangt ginn, da kënnt automatesch mat der Zäit duerno d'Urgence. Also muss een entweder an der éischter Phas zoustëmmen oder an der zweeter Phas huet een näischt méi matzestëmmen.

Et muss een och wëssen, datt mer do derniewent nach e bilaterale Prêt hunn u Griichenland: Niewent deenen zwou Milliarden, wéi gesot, déi mer am FESF hunn, hu mer eng Milliard 752 Milliounen elo zur Verfügung gestallt, fir eventuell eng Kéier als Kapital ofzeféieren. Mä do derniewent hu mer och nach 139,9 Milliarden (veuillez lire: Milliounen), déi mer bilateral de Griiche geléint hunn, wou och an der Zwëschenzäit schonn den Délai fir zréckbezuelen no hanne versat ginn ass an d'Zënse och erofgesat si ginn.

Wann een also déi dräi Saachen zesummenhëlt, d'Garantien am FESF, eist méiglecht Kapital am MES an dee bilaterale Prêt u Griichenland, da komme mer genau un 3,9 Milliarden, also bal véier Milliarden, déi Lëtzebuerg iwwer iergendwéi ee Wee, entweder als Garantie oder bereetstoend Kapital oder abezuelent Kapital oder bezuelte Prêt an déi ganz Krisissituatioun investéiert huet. Dëst niewent allen a villen anere Garantien a Participatiounen, déi de Stat an deene leschte Joren iwwerhëlt.

Do derniewent schwieft awer nach e weidert, eiser Meenung no geféierlecht Damoklesschwäert iwwer Lëtzebuerg. Ech schwätzen hei vum System vum TARGET2, e sougenannten „Clearingsystem“, dee bei der Europäescher Zentralbank ugesiedelt ass. Enn Abrëll 2012 hat d'Lëtzeburger Zentralbank do eng Zomm vun 120 Milliarden Euro schonn, déi se nach am Prinzip zegutt hätt, déi awer vu Minussalde vu Länner wéi Portugal, Irland, Italien, Griichenland a Spuenien gedeckt gëtt.

Fir lech d'Entwécklung vun dësem Montant ze soen, muss ee wëssen, datt vun Ufank un, datt dee Clearingsystem bestanen huet, de Montant ëmmer ënner zéng Milliarden louch. An zënter 2009 bis haut, also elo bannent dräi Joer, ass dee Montant vu siwe Milliarden op haut 120 Milliarden ugeklommen.

Als ADR verlaange mer duerfir, datt d'Regierung respektiv déi Responsabel vun der Zentralbank ons duerfir an enger vun deenen nächste Finanzkommissiounen Erklärungen ofginn iwwert déi Entwécklung respektiv iwwer Risiken oder Netrisiken, déi an deem Zesummenhang stinn.

E weidert Wuert nach, Här President, dat ass iwwert de Verdeelungsschlëssel iwwert d'Participatioun, déi mer als Lëtzeburger Stat maachen. Hei gëtt deeslechte Schlëssel geholl, dee fir d'Lëtzeburger Zentralbank bei der Europäescher Zentralbank geholl gëtt, an et ass liicht no uewen ajustéiert ginn, fir neie Baitrëttslänner, déi méi schwach dostinn, fir dat ze kompenséieren.

Am Kapital vum MES mécht dat fir Lëtzebuerg, wéi gesot, 1,75 Milliarden aus, déi mer am Extremfall laut dësem Gesetz misste stëmmen. Dat géif bedeuten, datt Lëtzebuerg pro Bierger 3.505 Euro engagéiert. Dat si 65% méi wéi

d'europäesch Duerchschnittsmoyenne ass. Dat heescht, de Lëtzeburger Bierger bezitt 65% pro Kapp méi wéi den europäeschen Duerchschnittsbierger dat mécht. 3.505 Euro; Irland als zweet huet 2.600 Euro op de Kapp, Holland: 2.400, Finnland: och 2.400, Eisträich: 2.300, Däitschland: 2.300, d'Belsch: 2.200 a Frankräich: 2.250. An ech erënneren nach eng Kéier drun: Lëtzebuerg mat 3.505 Euro.

Hei si mir also och als Lëtzeburger Spëtzer der fir wat d'Kontributioun ubelaangt, wat mir als klengt Land an dee Mechanismus do eraféieren. An och dat war laang net gesot! Mä eisen Här Juncker ass ëmmer esou fein, datt, wat en de Lëtzeburger net heiheim seet, dat mécht en dann an der internationaler Press. An esou huet den Här Juncker dann den 12. Juni 2012 (veuillez lire: 21. Juni 2012), also och nach net ze laang hier, am „Handelsblatt“ geschrriwwen: „Luxemburg zahlt pro Kopf mehr in den Kapitalstock des Europäischen Stabilitätsmechanismus ein als die Deutschen. Ich bin froh, dass die Luxemburger das noch nicht gemerkt haben.“

Et gesäit een also, wéi den Här Juncker dat an der auslännescher Press seet. Hien ass frou, datt d'Lëtzeburger net gemierkt hunn, datt mir déi sinn, déi am meeschten hei an dee Mechanismus do eraginn. Firwat wëssen d'Lëtzeburger dat dann net? Ma ganz einfach: Well den Här Juncker a seng Regierung de Leit et net gesot hunn! Hei gëtt eben déi Geheimniskrämerei gemaach. Hei ginn d'Leit ëmmer iwwer komplizéiert Saachen informéiert, a Saachen, déi am Fong relativ einfach ze erkläre wieren, déi och all Mënsch géif am Land verstoen, déi gi virenthalen. Mä Gott sei Dank hu mer d'däitsch Press, a vis-à-vis vun där ass den Här Juncker jo bekanntlech méi gespréicheg, an da gi mer alt eppes iwwert dee Wee gewuer!

Zum Ofschloss, Här President, wëll ech soen, datt mer frou sinn, datt mer haut hei décidéiert hunn, datt an enger qualifizierter Majoritéit déi Gesetzter gestëmmt ginn, well mir hate schwéier Bedenken, wann dat net de Fall gewiescht wier, well mer awer der Meenung sinn, datt dat hei Engagementer sinn, och, mengen ech, well et permanent Engagementer sinn. An den Här Paul-Henri Meyers als Spezialist vun der Verfassung weess, datt permanent Engagementer net kënne temporäre iwwer e Gesetz vergi ginn. Duerfir si mer frou.

Mir wieren och frou, wann den Här Minister eis nach kéint méi soen iwwert déi bevirstoend - wat ëmmer erëm an d'Diskussioun kënnt -, iwwert d'Fiskalunion, a mir deelen - well meng Zäit ofgelaf ass, muss ech dat elo a Stéchwierderform maachen - déi Iwwerleeungen, datt een och sollt kucken, datt d'Zentralbank eventuell eng Bankelizenz kréie kéint.

Als Ofschloss wëll ech soen, Här President - leider muss ech soen -, leider hu mir als ADR an deem, wat mer an deenen Debatte virun hei ëmmer gesot hunn, do hu mer recht behalen. Leider! Mir wiere frou gewiescht, mir hätten onrecht behalen an et wier esou opgaangen, wéi dat vun den europäesche Spëtzeopliker, vun eiser Regierung hei ëmmer versprach ginn ass. De Contraire ass ageetratt. Leider hu mer recht behalen a konsequenterweis stëmme mer duerfir och haut dergéint.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Gibéryen. Als leschte Riedner ass den Här Serge Urbany agedroen. Här Urbany, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Merci, Här President. Ech wëll drun erënneren, dass den europäeschen Traité vu Lissabon, deen heibanen awer, mengen ech, mat enger grousser Majoritéit ugehall ginn ass, virgesinn huet - et ass scho vläicht virdrun eng Kéier an Texter dran, mä en huet et nach eng Kéier ganz daitlech drageschrriwwen -, dass déi privat Finanzmäärt sollen de Monopol hu vum Sueverléinen un d'Staten an dass et de Staten an och der Zentralbank verbueden ass, State Suen ze léinen. Et huet sech awer séier erausgestallt, dass de Finanzsektor geschwé selwer huet musse gerett gi mat öffentleche Gelder.

Mir hunn och erlieft, wéi d'Finanzmäärt déi Staten, déi se just virdu gerett haten, duerch iwwerméisseg Zënsfuerderungen an den Eck gedréckt hunn an esou souguer d'ganz Ekonomie am Euroraum a Fro gestallt hunn.

Elo soll deen Text, deen deemools scho falsch war, an dat ass och gesot ginn, dass e falsch wier - en ass awer hei gestëmmt ginn! -, deen Text soll elo geännert ginn op eng Aart a Weis, déi een, mengen ech, als eng iwwerflächlech Ännerung bezeichne kann. Well am Fong geholl ännert sech guer näischt!

Den Europäesche Stabilitätsmechanismus ESM soll elo zwar kënne Suen u State verléinen oder och Obligatiounen vu Staten opkafen, wat awer souwisou déi lescht zwee Joer geschitt ass, soss wier alles scho laang zesummegebrach. Mä wat net geännert gëtt an deem ganze Mechanis-

mus, dat ass d'Dominanz vun de Finanzmäärt. Mir kréien et souguer hei vum Rapporteur bestätegt, dee gesot huet, et géif och bei deem Gesetz hei drëm goen, fir d'Vertraue vun de Määrt erëmzegewannen. Ech mengen, et muss een him Merci soe fir déi Daitlechkeet!

Ech mengen och effektiv, dass deen Text hei, dee mer solle stëmmen, esou ze verstoen ass. Éischtens bleiwen déi privat Finanzmarchéé weiderhin déi prioritär Financiere vun de Staten. Sue kënnen nëmme geléint ginn iwwert deen heite Wee, wa schwéier Finanzéierungsproblemer bestinn op de Finanzmäärt a wann dat och souguer Auswierkungen huet op déi ganz Eurozon.

Zweetens wëllt den ESM jo bei sengen Aktiounen, déi e mécht, selwer ausschliesslech dohi Sue léine goen, bei d'Finanzmäärt. Dat Kapital, wat hei soll gestëmmt ginn, dat ass quasi eng Garantie, déi da vis-à-vis vun de Finanzmäärt besteet.

Dat geschitt och mat all deene finanzielle Mechanismen, déi mer kennen, och aus der Kri-sendebatt, Hiewelwierkungen, dat heescht, d'Finanzmarchéen hänke sech drun un déi Produiten hei, un déi Präten, déi u State vergi ginn, a verdéngen och nach eng Kéier drun. Dat heescht, den ESM intervenéiert ausschliesslech am Kader vun de Finanzmarchéen an d'Präten an d'Obligatiounen vu Staten an u State bleiwen am privaten Handel dran.

Drëtzens däreft den ESM weiderhi keng Sue léine goe bei d'Zentralbank, während awer déi privat Banken dat maachen. Mir hunn eréischt viru sechs Méint erlieft - et ass e puermol hei och gesot ginn -, wéi d'privat Marchéé regelrecht iwwerschwemmt gi si mat bëllegem Geld zu 1% Zënse duerch d'Zentralbank, awer d'State selwer kënne sech do net finanzéieren. Et ass och näischt virgesinn, fir eppes ze änneren un deenen héijen Zënssätz vun de private Marchéen. Mir hunn och erlieft, dass trotz Hëllefprogrammer a Spuenien oder an Italien d'Zënssätz an d'Luucht ginn.

Véiertens, e gudden Deel vun deenen Hëlfehen hei, vun deene sougenannten Hëlfehen, sinn Hëlfehen, fir d'Banken ze rekapitaliséieren. Et kann een also soen, dass et sech hei virun allem handelt ëm e Solidarpakt mat de Banke selwer.

A schlussendlech gesi mer am Fall vu Griichenland, wat awer en Extremfall ass, wéi eng Zwangsjackett do ugeluecht gëtt deenen, déi eng finanziell Hëllef kréien, an zu wat fir engem massive soziale Réckgang dat féiert bei de Léin a mat Eruwuesse vun enger dramatescher Aarmut a ganz kuerzer Zäit! Dat sinn d'Rezepter vum Internationale Währungsfong, déi mer vun anere Plaze kennen, déi mer aus Latäinamerika kennen oder aus Asien viru Joren.

An iwwregens mussen déi Länner, déi gär Sue geléint hätten, och en Antrag stelle beim Fonds monétaire international, fir déi Suen hei ze léinen. E Fonds monétaire international, deen dann erëm eng Kéier iwwert déi sougenannten „Troika“ matbestëmmt, wat mat deene Sue geschitt, dat heescht diktaatoresch, vun uewen erof bestëmmt. An - et ass och scho gesot ginn - deen, deen hei gär Suen hätt, dee muss deen austeritäre Fiskalpakt oder besser gesot Budgetspakt mat ënnerschréien, wou awer de Moment an Europa nach hefteg Diskussiounen gefouert ginn. Den ESM, dee mer hei solle stëmmen, ass also net lassgeléist vun där ganzer falscher Politik an Europa.

An et gëtt awer ëmmer méi kritesch Stëmmen, Här President, géint dat, wat an Europa do vu Politik gemaach gëtt, dorënner bekannten Ekonomisten. Si stelle fest, dass d'Austeritéitspolitik zu Wirtschaftsréckgang féiert. Si erënneren un d'Kris vun 1930, wou ähnlech monetaristesche, konservativ Politiker an Europa deemools d'Kar schonn an den Dreck gefouert hunn. A si warne virun enger Neioplage vun deenen dramatesche Joren. Si fuerderen och eng Kontroll vun den Zënse, eng gerecht Steierpolitik, e wirklechen europäesche Budget, dat heescht, eng wirkleche Solidaritéit an net esou eng Politique de croissance, wou een net weess, wat sech derhannert verstoppt, wou d'Madame Merkel bestëmmt eppes aneschtens drënner versteet wéi aner Leit. A wat eis Regierung dorënner versteet, dat si mer bis haut net gewuer ginn.

Et liest een och all Dag Appeller fir eng Neibegrënnung vun Europa an déi dote Richtung, déi ënnerschréiwge gi vu Leit, déi 2005 nach fir de Verfassungsvertrag gestëmmt hunn, wéi de Philosoph Jürgen Habermas oder wéi déi ganz Gewerkschaftsspëtzt an Däitschland, déi esou en Appell fir eng Neibegrënnung vun Europa gestëmmt huet.

► **M. le Président.**- Här Urbany, Dir misst lues awer sécher zum Schluss kommen.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Ech sinn och direkt fäerdeg. Hei si mer net am Kader vun enger Neibegrënnung vun Europa. Hei féiere mer an eng falsch Richtung viles weider, mam Turbo! Wann dat ugehall gëtt, dat Gesetz,

dann ass et ugehall an da brauche mer eng Unanimitéit an Zukunft, wa mer dee klengsten Detail dovun nach wëllen änneren.

Ech kann duerfir och näischt ufänke mat deene gutt gemengte Kritiken a richtege Kritiken a Virschléi, déi hei nach gemaach ginn am Kader vun der Debatt, fir deen Text hei nach ze verbessern. Mä, et deet mer leed, wann deen Text bis ugehall ass, dann ass dat a Marber graviert, wat do drasteet!

Eng qualifizéiert Majoritéit ass wuel noutwendeg hei. Ech gesinn dat och esou. An ech géif souguer e Schrack méi wäit goen: Wa mer eis op deen Artikel beruff hunn, wou dat zweete Vote constitutionnel an dräi Méint nach eng Kéier hei soll stattfannen, well et ass viles am Floss nach, och wat déi hei Froen ugeet. Et ass elo e Conseil européen, wou scho gesot ginn ass, et weess een net, wat derbäi erauskënnt. Et wier eng falsch Iwwerleeung, fir dat hei elo definitiv dann hei unzehuelen. Ech mengen, mir sollten eis Zäit loossen, fir dat nach eng Kéier seriö ze diskutéieren.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Urbany. Elo kritt d'Wuert den Här Finanzminister Luc Frieden.

► **M. Luc Frieden, Ministre des Finances.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, ech géif fir d'Éischt dem President vun der Finanzkommissioun a Rapporteur vun dëse Projeten, dem Här Michel Wolter, Merci soen och vu Regierungssäit fir säi Rapport, deen, mengen ech, och ganz vill Froe beäntwert huet, déi d'Leit léitimerweis par rapport zu dësen Instrumenter hunn.

Et ware vill Zifferen, mä déi kann ee jo och am schréftleche Rapport noliesen. Ech mengen, et ass scho wichteg, datt zu jiddwer Moment deen, dee sech mat deene Froe wëllt oder muss ofginn, och déi ganz Panoplie vun deene Chifferen erëmfënnt. Duerfir war dat eng Aarbecht, déi ganz nützlich war. Ech wëll och duerfir hei net méi op déi Chifferen zréckkommen, mä op e puer méi generell Reflexiounen ronderëm déi dräi Projeten, déi ronderëm deen Europäesche Stabilitätsmechanismus dréien.

Mir sinn an Europa, mir sinn an der Eurozon fir de Moment an enger ganz schwiereger, ganz komplizierter Situatioun, an déi Situatioun, déi kann een net vun engem Dag op deen anere verbessern. Déi gëtt net verbessert op engem Europäesche Conseil vun de Ministeren oder vun de Stats- a Regierungschefen, déi gëtt net geännert duerch Wahlen an engem Land an déi gëtt net geännert duerch eng Moossnam, déi esou vum Himmel géif erfolle gëtt kommen.

Et brauch vill kleng Schrëtt, fir datt mer an Europa erëm Vertraue kréien engersäits, an datt déi Länner, déi a ganz grousser Schwierigkeet sinn, erëm op eege Féiss stoe kommen. An op eege Féiss stoe kommen heescht, datt, wann déi Sue musse léine goen, datt déi déi Suen och um Finanzmarché vun aneren, vun Investisseuren, vu Leit geléint kréien. An dat ass fir de Moment an enger Rei vu Länner net méi de Fall.

Duerfir muss ee sech d'Fro stellen, vu datt mer den Euro hunn a vu datt den Euro eise Land awer an deene leschten zéng Joer vill bruecht huet: E Land, wat bal alles muss importéieren an déi Saachen, déi et produziéiert, exportéiert, dat huet e groussen Interêt, eng gemeinsam Währung ze hunn, déi évitéiert, datt et Wiesselschwankunge gëtt, déi évitéiert, datt et Devaluatiounen gëtt, déi évitéiert, datt et Wiesselschwankunge gëtt. Déi et awer och fäerdeg bruecht huet, déi Währung, datt mer en Inflationstaux haten iwwert déi lescht zéng Joer, dee bei ënner 2% louch.

Wann een also all déi Avantagé gesäit, da muss ee sech d'Fro stellen: Wann haut Problemer sinn, wat mécht een dann? Da kann een net heihinner komme wéi den Här Gibéryen, dee seet: „Mir hätten dat do net gestëmmt. Mir sinn do dergéint.“ Jo, da muss ee sech froen: Wat heescht dat dann? Wat géif dat heeschen, wann eist Land seet: Mir maachen do net mat. Dat kléngt vläicht gutt, wann een einfach esou op der Strooss doriwwer schwätzt. Mä dat heescht, datt deen Euro, deen eise Land vill bruecht huet, datt deen zesummebrécht mat alle Konsequenzen, déi dat fir Europa a fir eis selwer huet!

Dat heescht och, datt, wa mer net do age-truede wäeren, datt mer an eiser Exportindustrie, datt mer an all deem, wat mer importéieren, virun enorme Schwierigkeeten géife stoen, wa ronderëm eis eng aner Währung wär, wéi mir selwer hätten. An ech bezweifelen, datt eist Land iwwerhaupt eleng kéint, wéinst senger Gréisst, eng eege Währung hunn. Duerfir hate mir och ni eng. Mir hunn ëmmer eng gemaach zesumme mat eisen Noperen.



► **M. le Président.**- Här Minister, erlaabt Der, datt den Här Gibéryen lech eng Fro stellt?

► **M. Luc Frieden, Ministre des Finances.**- Selbstverständlech.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Ech wëllt e Kommentar maachen, mä ech muss awer eng Fro stellen. Duerfir wollt ech den Här Minister froen, ob hie weess, datt mir als ADR nach ëmmer fir den Euro agestratt sinn a fir den Euro sinn, och haut nach, an datt déi Propositionen, déi mir gemaach hunn, am Fong als Zil hunn, datt den Euro soll gerett ginn, net datt den Euro soll fir eis verluer goen.

► **Une voix.**- Wéi ass d'Fro?

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Et ass eng Fro: ob den Här Minister dat weess. Ech muss jo eng Fro stellen.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Anscheinend weess den Här Minister dat net.

► **M. Luc Frieden, Ministre des Finances.**- Hei diskutéiere mer iwwert de Projet vun dem Europäesche Stabilitéitsmechanismus. A mir sinn der Meenung - an ech stelle fest mat Satisfaktioun, datt déi iwwergrouss Majoritéit vun deem Parlament där Meenung ass -, datt, wa mer eng gemeinsam Währung hunn a wa mer eng gréisser Krisesituatioun hunn, da kann een net Nee soen, wann een en Instrument brauch, wat zum Zil huet, déi Stabilitéit vun der Eurozon erëm hierzestellen.

Dat hei ass jo kee Projet, wou ee seet: Super, elo stëmme mir fir den europäesche Rettungsschirm a mir setzen esou vill Suen doranner. Mir maachen dat net, well mer dat aus Begeeschterung maachen. Mir maachen dat, well mer dervun iwwerzeegt sinn, datt dat deem noutwendeg Präis ass, fir an der Eurozon zwou Saachen ze erreechen: engersäits Stabilitéit. Déi brauche mer absolut, well wa mer keng Stabilitéit hunn, kënnen dee Kontinent hei an déi Eurozon net weider wuessen.

An zweetens, well mer - an dat ass e ganz wichtige Punkt - d'Ustiechungsgefor wëllen a müssen évitéieren! Wann ee Land an der Eurozon eng gréisser finanziell Schwierigkeet huet, dann ass et evident, datt dat eng psychologesch a finanziell Répercussioun op déi aner Länner huet. Wann een also keen Instrument huet, fir da schnell anzegräifen, da fällt oder risquéiert dat ganz Haus zesummenzefalen. Duerfir hu mer am Ufank méi Schwierigkeeten nach gehat wéi haut - a mir hunn och haut nach grousser -, well mir hate keen esou een Instrument.

Wéi Griichenland a Schwierigkeete komm ass, hu mer gesot: „Hëllef mer oder hëllef mer net?“ Mir hu gehollef mat bilaterale Präten, well mer keen Instrument haten. Mir hu gehollef aus Solidaritéit. Mä mir hunn och gehollef aus Eegenintéret, nämlech deem vun der Stabilitéit. An duerfir mussen d'Solidaritéit, déi noutwendeg an enger europäescher Konstruktioun ass, a Stabilitéit ëmmer zesummegeen.

Dorausser, aus der griichescher Situatioun, hu mer geléiert, datt, wann nach esou Situatiounen géife kommen, mer méi permanent Mechanisme bräichten. Duerfir hu mer dunn den EFSF opgesat a mir hunn deemools gesot och, mir brauchen eppes méi Permanentes, eng Zort Internationale Währungsfong opgebaut fir Europa, an dat ass deem Europäesche Stabilitéitsmechanismus, dee mer haut hei grënnen.

Dee Stabilitéitsmechanismus heescht net nëmmen esou, deem ass et! En hëlleft also engem, e Prêt ze maachen, verbonne mat strikte Konditiounen. Dat heescht also, datt et e Prêt ass, deem och muss zréckbezuelen ginn, mä deem zugläich deem Land et soll erlaben, mat deem Iwwerbrückungskredit erëm op eege Féiss ze kommen. Duerfir ginn och déi Konditiounen gesat. Déi Konditiounen ginn net gesat, fir d'Leit an deene Länner rosa ze maachen oder fir de Leit an deene Länner eppes ewechzehuelen. Mä déi Länner hu keng Sue méi. Déi Länner hu keng Méiglechkeete méi, fir normal Suen am normale System geléint ze kréien. Duerfir muss een hinnen zäitweileg hëllefen, mä zugläich muss een hinnen och hëllefen, op eege Féiss erëm ze kommen. An duerfir muss se eng Rei Strukturreforme maachen.

Duerfir schéngt et mer evident, datt Lëtzebuerg sech un deem Instrument muss bedeelegen: aus europäesche Grënn a ganz kloer och aus nationale lëtzebuergesche Grënn!

Wann den Euro zesummebrécht, wann dat Ganz zesummebrécht, hu mer méi Problemer, wéi wa mer elo hei e gewëssene Präis bezuelen, esou schwierig datt ass an esou onsécher d'Situatioun ronderëm bleift, wa mer dat net maachen.

Eisen Deel ass kleng. Ech wëll dat hei och nach eng kéier preziséieren. Et ass net, wéi wann dat jo net bekannt wär. Et kann een och net esou maachen, wéi wann dat just an auslänneschen Zeitunge stéing. Jiddwereen, deem an deem

Haus sëtz, dee weess ganz genau an Honneren an Dausende vu Bierger, déi dat suivéiert hunn, déi wëssen dat: Mir hunn 0,25% am europäesche Rettungsschirm. Firwat hu mer déi? Well dat ass eisen Deel am Kapital vun der Europäescher Zentralbank. D'Lëtzebuurger Chamber huet dat jo awer gestëmmt. Da kann een net soen, dat hätt een - wéi den Här Gibéryen - an enger däitscher Zeitung gelies.

A firwat hu mir...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Den Här Junker huet dat... Ech hunn en zitéiert.

► **M. Luc Frieden, Ministre des Finances.**- Firwat hu mir méi en héijen Deel? Ma well mir natierlech ee ganz staarke Finanzsektor hunn. An dorobberhi gëtt gerechent och eis Participatioun vun eiser Zentralbank am europäesche System vun den Zentralbanken.

Ech wëll jo awer trotzdem drop hiweisen, datt 0,25% och elo net ass, wéi wa mir Lëtzebuurger géifen domat ganz Europa retten! Et si manner Participatiounen an deem Rettungsschirm, wéi Lëtzebuerg huet: Estland, Zypern a Malta. Mä all déi aner hu méi, a mir hu proportionell méi, well mir jo och emol méi en héije PIB hunn, mir hu méi eng héich Finanzplaz. An dovunner profitéiere mer jo och an engem iwweraus grouss Mooss a ville Politikberäicher.

Wéi gëtt decidéiert an deem Schirm? Ech mengen, dat ass hei diskutéiert ginn. Ech mengen net, datt an deem Mechanismus hei en Demokratiedefizit ass. Well et ass schlussendlech d'Chamber - dëst Haus! -, wat d'Regierung autoriséiert, an d'Kapital vun deem Instrument ESM anzetrieden, mat engem Kapital, wat elo abezuelen gëtt - 200 Milliounen an e puer Stufen -, an duerno eng Garantie ze ginn, oder zugläich eng Garantie ze ginn, fir wann e Capital autorisé eng kéier geruff gëtt, datt mer deem dann och abezuelen.

Den demokrateschen Akt besteet doranner, datt dëst Parlament haut an hei decidéiert, ob mir do dierfe matmaachen oder net. Et ass also net anescht, wéi wann Der decidéiert, datt mer an de Ressourcë vum Internationale Währungsfong matmaachen. Och do muss d'Chamber natierlech opgrond vun der Fassung soen: „Jo, mir sinn d'accord, datt deem Engagement financier do geholl gëtt.“ D'Décisioun selwer ass an deem ESM ëmmer innerhalb vun där Enveloppe, déi d'Chamber gestëmmt huet.

Ech wëll ausdrécklech och nach eng kéier soen, datt an deem ESM-Mechanismus steet, datt an der Unanimitéit ëmmer den Appel de fonds ass an an der Unanimitéit ëmmer déi weider Ënerstëtzung vun engem Memberstat an der Eurozon ass. Dat ass d'Unanimitéit, an do gi mir all kéiers mat gefrot.

Selbstverständlech sinn ech d'accord a mir hunn dat och iwwregens ëmmer esou gemaach, mä et kann een dat nach ëmmer an enger Motioun nach eng kéier froen, wat scho gemaach gëtt. Et schéngt mer evident, datt d'Regierung regelméisseg bei esou Décisiounen virdrun, duerno an d'Finanzkommission vun der Chamber soll kommen. Dat gehéiert zum gudden demokratesche System. Duerfir hunn ech domadder ni Problemer gehat a wäert och an der Zukunft domadder ni Problemer hunn.

Duerfir kann ech vu Regierungssäit aus déi Motioun vun Här Bausch iwwert deem dote Punkt fir d'Informatioun vun der Chamber, fir d'Consultatioun vun der Chamber nëmme voll a ganz matdroen.

Ech wëll allerdéngs soen, datt et wichtig ass - an dat ass e Problem an der Zukunft, an dat ass jo och hei net gefrot -, datt den Entscheedungsmechanismus méi schnell muss ginn, well mir hu gesinn, nottamment am griicheschen Dossier, wa misste 17 Parlamentarier all kéiers, besonnesch wann Urgencé sinn, ofstëmmen, datt dat riskéiere géif, ze vill Zäit ze kaschten, an domadder ganz grouss Dommage kéinte geschéien.

Déi Situatioun vun der Urgence, mengen ech, trëtt net an, well hautdesdags kann ee sech esou schnell treffen oder esou schnell iwwer eng Telefonskonferenz mateneen diskutéieren, sou datt mer och gesinn hunn, souwuel am spuenesche Fall wéi elo an der zyprotescher Demande, déi geschicht komm ass, datt mer do innerhalb vun e puer Stonnen eng Telefonskonferenz hunn, wou d'Finanzministere kënnen dann decidéieren, wat se maachen oder net, esou datt mer Unanimitéit plus schnell Décisiounen hunn an d'Informatioun vun der Parlamenter selbstverständlech muss maachen, mä datt mir näischt maachen, wat iwwert déi Enveloppe erausgeet, fir déi mer hei vum Parlament autoriséiert gi sinn.

Duerfir géif ech och mat Respekt virun anere Meenungen heibanne soen, datt an den Ae vun der Regierung d'Approbatoun vu kengem vun deenen Texter eng qualifizéiert Verfassungsmajoritéit brauch, well mir gesinn an deenen

Texter keen Transfert vu souveräne Pouvoiren un eng international Organisatioun. Et ass en internationalen Traité, mat deem en Engagement financier verbonnen ass. A Lëtzebuerg bedeelegt sech un all deenen Décisiounen, déi hei geholl ginn. Déi Décisiounen ginn net vun engem Drëtter geholl. Déi Décisiounen gi geholl mat der Stëmm vum Lëtzebuurger Finanzminister, deem ech bekanntermooes sinn. Ech gi Gouverneur an deem EMS, gradesou wéi ech Lëtzebuerg am Eurogroup vertrieeden, an do ginn déi Décisiounen geholl.

Mä ech mengen, d'Chamber ass souverän, andeem se decidéiert, mat wéi enger Majoritéit se ofstëmmt. Ech wollt just hei awer soen, wat d'Meenung vun der Regierung zu där dote Fro ass, och fir zukünfteg ähnlech gelagert Situatiounen.

Den Effet op de Budget ass hei ugeschwat ginn, och vum Rapporteur. En huet eng direkt Inzidenz op de Budget no klassischer Opstellung vun 200 Milliounen iwwert dräi Joer gekuckt. En huet keen Effet op déi europäesch Opstellung vum Budget, well wéi gesot eng Contrepartie besteet. Duerfir ass et neutral op den Defizit an d'Schold vum Lëtzebuurger Stat, d'gesamtoffentlech Finanzen. Mä selbstverständlech sinn et reell Suen, déi mer awer net elo ausginn, déi hu mer natierlech - dat ass, wéi wann een Aktien an enger Gesellschaft keeft - net zur Verfügung.

Duerfir wëll ech net soen, datt dat hei keng Sue sinn, déi mer net gebrauchen, mä et ass keng normal klassesch Budgetsdépense. Et ass, wéi gesot, d'nämlech, wéi wa mer eng Augmentatioun vun de Ressourcë vum Internationale Währungsfong maachen, déi iwwregens och an nächster Zäit wäert ustoen, well och den Internationale Währungsfong jo niewent Europa op eng effikass Aart a Weis hëlleft, datt mer an Europa mat zwee Féiss um Buedem an deenen extrem schwierigere Zäiten - ech kann et net genuch ënnersträichen - bleiwen.

Dat hei, wéi gesot, sinn Instrumenter, déi ginn net duer. Dat ass vu villen heibanne gesot ginn. Mä si si wesentlech, fir Stabilitéit ze erreechen. Mir mussen verschidde Saache maachen a court terme an aner a long terme. An ech mengen, all déi Diskussiounen, déi d'Stats- a Regierungschefen dëser Deeg féieren an déi elo an den Zeitunge schon diskutéiert ginn, ouni datt ee genee weess - och net d'Finanzministere -, wat dann elo en fin de compte do decidéiert gëtt, dat sinn der méi, déi à moyen et à long terme sinn.

Et féiert een net eng Bankenunioun, eng méi staark Budgetunioun oder eng ekonomesch Unioun a vun haut op muer. An eng Rei vun deene Saache wäerten och, op d'mannst esou gesinn ech dat, Traitéssänerunge mat sech zéien. Dat ass also eppes, wat méi perspektivesch ass. Do fannen ech och nëmmen normal, datt d'Chamber doriwwer délibéréiert, wann déi Texter dann emol do sinn. Mä dat huet näischt mat der kuerzfristeger Kris ze doen. Dat heiten awer huet mat der kuerzfristeger Kris ze doen, an duerfir sinn ech frou feststellen, datt déi iwwergrouss Majoritéit vun dëser Chamber wäert déi dräi Texter iwwert den Europäesche Stabilitéitsmechanismus stëmmen.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Finanzminister. Domadder wär d'Diskussioun ofgeschloss.

Mir kommen dann elo fir d'Éischt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6334. Et ass eng Majoritéit vun zwee Drëtter erfuerdert an de Vote par procuration ass net erlaabt.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6334 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen.

(Interruption)

Där anerer gëtt et keng. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass ugehall mat 48 Jo-Stëmmen, géint 5 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter.

Ont voté non: MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi...

► **M. François Bausch (déi gréng).**- Här President, et sinn nach dräi Motiounen...

► **M. le Président.**- Jo, mä mir hunn nach zwee Projeten, Här Bausch, an da komme mer zu de Motiounen. Kommt, mir fueren der Rei no.

Mir kommen also elo fir d'Éischt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6405. Hei ass och eng Majoritéit vun zwee Drëtter erfuerdert an de Vote par procuration ass net erlaabt.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6405 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un, wéi gesot nëmme perséinlech Stëmmen. Och hei ass de Vote ofgeschloss.

De Projet de loi ass ugehall mat 49 Jo-Stëmmen, géint 5 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter.

Ont voté non: MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert deem drëtten Projet de loi, de 6406. Hei gëtt mat normaler Majoritéit driwwer ofgestëmmt.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6406 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass ugehall mat 55 Jo-Stëmmen, géint 5 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Jean-Paul Schaaf), Nancy Arendt, MM. Fernand Boden (par M. Raymond Weydert), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert (par Mme Martine Mergen), Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber (par M. Félix Eischen), Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter.



Ont voté non: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer elo zur Ofstëmmung iwwer...

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Ech hat awer e Vote gefrot iwwert d'Dispens vum zweete Vote. Ech fannen, wa mer scho mat Zweek-Drët-Majoritéit stëmmen,...

► **M. le Président**.- Jo, mä Här Urbany, Dir hätt en direkt misse froen! Ech mengen, ech hu gefrot...

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Ech hunn en a menger Ried gefrot an ech...

► **M. le Président**.- Jo, mä Dir musst beim Vote et froen. Ech hu gefrot. Dir hutt lech net gemellt. Et ass ofgestëmmt ginn.

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Dir hutt gefrot: „Ass den zweete Vote...“, d'Dispens vum zweete Vote?, an ech hu geruff: „Neen.“ Ech schloe vir...

► **M. le Président**.- Jo, Dir hutt... Mä et war awer eng ëmwerfend Majoritéit fir d'Dispens.

(Hilarité)

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Ech schloe vir, e Vote ze maachen iwwert d'Dispens.

► **M. le Président**.- Neen, ech mengen, de Vote ass elo geholl, Här Urbany, an domadder...

(Interruptions)

...si mer do mat deem Punkt um Enn.

Motions

Mir kommen elo zur Ofstëmmung vun de Motiounen.

(Interruption)

Motion 1

Fir d'Éischt d'Motioun 1 vum Här François Bausch, wou ech verstanen hunn, datt d'Regierung déi géif akzeptéieren. Ech mengen, da kënnen mer à main levée iwwert déi Motioun ofstëmmen.

Vote sur la motion 1

Wien ass mat där Motioun d'accord?

Dat schéngt mer d'Unanimitéit vun dësem Haus ze sinn. Domadder wär déi Motioun ugeholl.

Motion 2

Da kéim d'Motioun 2 vum Här Bausch. Kënnen mer och à main levée doriwwer ofstëmmen, oder net?

(Négation)

Neen, de Vote électronique gëtt verlaangt.

Vote sur la motion 2

Da fänkt d'Ofstëmmen un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

D'Motioun ass verworfen mat 39 Nee-Stëmmen, géint 10 Jo-Stëmmen an 11 Enthaltungen.

Ont voté oui: MM. Eugène Berger et Paul Helming;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

M. Serge Urbany.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par Mme Nancy Arendt), Nancy Arendt, MM. Fernand Boden (par Mme Martine Mergen), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert (par M. Raymond Weydert), Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber (par M. Marcel Oberweis), Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz.

Se sont abstenus: MM. André Bauler, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), MM. Fernand Etgen, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Motion 3

Dann hu mer nach d'Motioun 3 vum Här François Bausch. Ech ginn dovun aus, datt och do de Vote électronique verlaangt gëtt.

(Assentiment)

Vote sur la motion 3

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. Och hei ass de Vote ofgeschloss.

D'Motioun 3 ass verworfen mat 43 Nee-Stëmmen, géint 8 Jo-Stëmmen an 9 Enthaltungen.

Ont voté oui: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

M. Serge Urbany.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt, MM. Fernand Boden (par Mme Nancy Arendt), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert (par M. Raymond Weydert), Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber (par M. Jean-Paul Schaaf), Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Se sont abstenus: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), MM. Fernand Etgen, Paul Helming, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner.

Da kéime mer elo zu eisem nächste Projet de loi, dem Projet de loi 6319, enger Direktiv iwwert d'Valeurs mobilières. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht. Et huet sech bis elo just agedroen: den Här Bausch.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

(Interruption)

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Et ass eng Erreur!

► **M. le Président**.- Mir sträichen lech, Här Bausch.

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Jo, also, Dir sträicht den Här Bausch net!

6. 6319 - Projet de loi:

- portant transposition de la directive 2010/73/UE du Parlement européen et du Conseil du 24 novembre 2010 modifiant la directive 2003/71/CE concernant le prospectus à publier en cas d'offre au public de valeurs mobilières ou en vue de l'admission de valeurs mobilières à la négociation et la directive 2004/109/CE sur l'harmonisation des obligations de transparence concernant l'information sur les émetteurs dont les valeurs mobilières sont admises à la négociation sur un marché réglementé;

- portant modification de la loi du 10 juillet 2005 relative aux prospectus pour valeurs mobilières;

- portant modification de la loi du 11 janvier 2008 relative aux obligations de transparence concernant l'information sur les émetteurs dont les valeurs mobilières sont admises à la négociation sur un marché réglementé

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Gilles Roth** (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dem...

(Interruption)

Dat ass deen, wou Dir musst jo stëmmen, Här Gibéryen.

(Hilarité et interruption)

Mat dem Gesetzesprojet 6319 setze mir eng europäesch Direktiv aus dem Joer 2010 ëm. Méi genee geet et ëm de Prospekt, deen all Kéiers muss opgeluecht ginn, wann e Wäertpabeier op de Maart bruecht gëtt an op d'Bourse geet, fir offiziell gehandelt a cotéiert ze ginn. Dëst mag wuel op den éischte Bléck - wéi esou oft iwwregens bei der Finanzlégislation - den Ushäin hu vun engem éischter technesche Gesetzesprojet. Deem ass awer an der Realitéit net esou. Et geet hei ëm e wichtege Gesetzesprojet am Sënn vun der Kompetitivitéit vun eiser Finanzplaz.

Mir schafen Transparenz a Rechtssécherheet bei dem Handele vun internationalen Titren op eiser Bourse. Dat war an där iwwer 80 Joer laanger Geschicht vun der Lëtzebuerger Bourse ëmmer ee vun de grouse Standuertvirdeeler. An d'Zuele schwätzen do och eng kloer Sprooch.

Eis Lëtzebuerger Bourse ass féierend an Europa, wat d'Handele vun internationalen Obligationen ubelaangt. 29.500 international Obligationen, also Scholdverschreibungen, ginn op der Lëtzebuerger Bourse gehandelt. Dat si 40% vun allen internationalen Oplage weltwäit. 68 Länner hunn op d'mannst een öffentliche Emprunt, deen op eiser Bourse ass.

En zweet Standbee vun der Bourse sinn déi ronn 6.400 Investmentfongen, déi hei cotéiert ginn. Dat sinn 42% vun dem europäesche Marché. Insgesamt si ronn 44.000 Titren de Moment op der Lëtzebuerger Bourse.

Här President, dës Zuelen dierfte wuel ënnersträichen, dass et bei dësem Gesetzesprojet och ëm handfest wirtschaftlech Interesse vun eiser Finanzplaz geet. D'Konkurrenz vu London, Zürich oder Dublin, déi schléift net. Mä mir och net. An duerfir setze mir dës Direktiv och fristgerecht virun dem 1. Juli 2012 a Lëtzebuerger Recht ëm.

Konkret maache mir dat mat Upassung vum eiser sougenannter „loi prospectus“ aus dem Joer 2005. Dat ass een Eckpfeiler vun eiser Finanzgesetzgebung. Mat deem Gesetz, wat och schonn op enger europäescher Direktiv baséiert, ass deemools en europäesche Pass agefouert gi fir Prospekter, déi, wa se an engem Land vun den zoustännegen Autoritéiten approuvéiert ginn, an der ganzer Unioun gëllen.

De Sënn vun esou engem Prospekt ass et, dem Investisseur bei der Aféierung vun engem Titre op den Handelsmaart an op d'Bourse eng Beschreibung dovunner ze gi respektiv Informationen ze liwweren iwwert deejéinegen, deen den Titre erausgëtt.

Wat genau muss an deem Prospekt stoen, ass eben duerch dat Gesetz geregelt. Fir dass déi Bestëmmungen och agehale ginn, mécht eis Bankenopsicht, also eis CSSF, eng streng Kontroll. An dat ass grad de Succès vun eiser Bourse: transparent a kloer Virgaben, eng streng Kontroll, eng international Experienz, een onkomplizéierten a kompetenten Émgang mat de professionellen Acteuren.

An där Linn fuere mir mat dësem Gesetzesprojet och virun. Opgrond vun de Virgabe vun der europäescher Direktiv gi mat dësem Gesetzesprojet déi administrativ Oploe vun dem Prospekt vereinfacht. Zum Beispill bei méi klengen Émetteure gi manner Informationen an dem Prospekt verlaangt respektiv gëtt a verschidde Fäll d'Oplo fir ee Prospekt ganz ofgeschaf.

Verschidden Informationen gi standardiséiert, fir de Prospekt méi lieserlech ze maachen, besonnesch fir net initiéiert Leit. Vergläicher kann een duerfir besser maachen.

D'Definition vum deem qualifizéierten Investisseur, dat heescht engem Finanzprofi, deen eigentlech censéiert ass ze wëssen, wat hien op der Bourse keeft, gëtt ugepasst.

All d'Upassung vum dem Gesetz geschéien am Sënn vu manner administrativen Oploen an deemno méi grousser Kompetitivitéit vun den Entrepreneuren an der Europäescher Unioun, déi hir Kapitalparten öffentliche handele loosse.

Här President, d'Chambre de Commerce an de Statsrot, déi hu matgespillt, fir dës Gesetzesprojet esou séier wéi méiglech kënnen gestëmmt ze hunn. Déi exzellent Transpositionsaarbecht vun där zoustänneger Beamten, der Madame Isabelle Goubin aus dem Finanzministère, gouf och vun deenen zwou Institutionen ënnerstrach. Jo, och dat zielt emol zur Kompetitivitéit vun eiser Finanzplaz.

De Statsrot, deen hat just eng Opposition formelle a sengem Avis gemaach. Dës betrëfft d'Manier, wéi een e sougenannten „acte délégué“ vun der Europäescher Kommission am Kontext vun dësem Gesetzestext kéint ëmsetzen.

Konkret geet et dorëm, dass d'EU-Kommission d'Recht huet, fir verschidde Seuile spéider an der Direktiv ze adaptéieren, ouni iwwert de Wee vun enger formeller Ofännerung vun der Direktiv ze fueren.

De Statsrot war dergéint, dass esou eng Ëmännerung spéider géif duerch e Reglement vun der CSSF an eis Gesetzgebung iwwerholl ginn. Fir de Statsrot géif allgemeng iwwregens e Reglement vun der CSSF, dat ee Gesetz géif ofännere respektiv preziséieren, géint den Artikel 108bis vun eiser Verfassung verstoussen.

Duerfir wäert dat dann elo ganz einfach duerch eng Publikation vun där entsprecherender Kommissionsdécision am Mémorial geschéien. Dëst ass eng rechtlech Approche, déi d'Finanzkommission och iwwerholl huet.

Ech verweise fir de Rescht op mäi schrëftleche Rapport, deen eestëmmeg ugeholl gouf, an ech ginn d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktion a soen lech da Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Ech soen dem Här Rapporteur Merci, dee wéi ëmmer ganz komplett an detailléiert war. Ech mengen, do gëtt et näischt méi derbäizefügen, esou datt mer eigentlech direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi kënnen kommen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6319 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6319 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen, géint 1 Nee-Stëmm.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Jean-Paul Schaaf), Nancy Arendt, MM. Fernand Boden (par Mme Nancy Arendt), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert (par M. Raymond Weydert), Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber (par Mme Martine Mergen), Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), MM. Fernand Etgen, Paul Helming, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox (par M. Claude Adam), Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

A voté non: M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer elo zur Diskussion vum Projet de loi 6342 iwwert d'Distribution a verschidde Reglementatione vu Medikamenter. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht, an et hu sech bis elo ageschriwwen: d'Madame Mergen, den Här Wagner, d'Madame Lorsché an den Här Colombera.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Georges Engel. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

7. 6342 - Projet de loi modifiant 1. la loi du 6 janvier 1995 relative à la distribution en gros des médicaments; 2. la loi modifiée du 11 avril 1983 portant réglementation de la mise sur le marché et de la publicité des médicaments

Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

► **M. Georges Engel** (LSAP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et gi vill ze vill Medikamenter geschléckt, och bei eis. Lëtzebuerg läit do an Europa ganz vir an Ranking vun deene Länner, wou een och vun engem gewëssene Medikamenteméissbrauch ka schwätzen, wéi och bei enger Debatt hei an der Chamber am Joer 2007 festgestallt gouf. Oft handelt et sech awer heibäi net ëm liewenswichtig Produiten.